

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Georges Engel), Liz Braz, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claire Delcourt), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

6. 8470 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

2^o de la loi modifiée du 22 mai 2024 portant introduction d'un paquet de mesures en vue de la relance du marché du logement

Da komme mer zum nächste Punkt vun haut de Mëten, dem Projet de loi 8470 iwwert d'Verlängerung ëm weider sechs Méint vun enger Rei Mesüeren, déi de Logementssektor solle redynamiséieren. D'Riezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Gesetzesprojet verlängert d'steierlech Moosnamen aus dem éischte Paquet Logement, dee mir d'lescht Joer gestëmmt hunn, ëm ganzer sechs Méint, also bis den 30. Juni 2025.

Konkreet handelt et sech ëm folgend Moosnamen:

Éischstens, de Crédit d'impôt Bëllegen Akt. Wann een eng Immobilie keeft, fir selwer dran ze wunnen, huet een e sougenannte „Crédit d'impôt“ op den Enregistrementskäschten zegutt. Dese Crédit d'impôt ass am Vollekmond besser bekannt als de Bëllegen Akt. Normalerweis geet de Bëllegen Akt bis zu engem Betrag vun 30.000 Euro. Dese Plaffong vun 30.000 Euro hu mir mam Gesetz vum 22. Mee 2024 op 40.000 Euro ugehewe gehat bis den 31. Dezember 2024. Mat deem Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut diskutéieren, bleift de Crédit d'impôt Bëllegen Akt bei 40.000 Euro bis den 30. Juni vun deem Joer. Nom 30. Juni, also ab dem 1. Juli 2025, fält en erëm zréck op 30.000 Euro. Den Akt beim Nottär muss also spéitstens den 30. Juni gemaach sinn.

Zweetens, de Crédit d'impôt location. Dat ass de Crédit d'impôt op den Enregistrementskäschte fir Investisseuren, an dat an Héicht vun 20.000 Euro

pro Persoun. Ech erlabe mer, hei nach eng Kéier un d'Konditiounen ze erënnere, déi mussen erfüllt sinn, fir heivunner ze profitéieren.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Et muss sech ëm eng Vente en l'état futur d'achèvement handelen, also eng sougenannte VEFA. Den Akt beim Nottär muss spéitstens den 30. Juni 2025 gemaach ginn. D'Immobilie muss während mindestens zwee Joer verlount ginn. An de Locataire muss spéitstens véier Joer nom Datum vum Akt beim Nottär an der Immobilie wunnen.

Drittens, d'Besteuerung vun der Plus-value aus dem Verkauf vun enger Immobilie mam Quart vum Taux global. Wann een normalerweis eng Immobilie verkeeft, vun där ee méi wéi fënnef Joer Propriétaire ass, da bezitt een nom Benefiss aus deem Verkauf e Steierbetrag, deem d'Hallschent vun engem sengem globale Steiertaux ass. Dëst ass den duerchschnëttleche Steiersaz, deem een op all senger Revenue bezitt. Wann ee bis den 30. Juni 2025 eng Immobilie verkeeft, gëtt dese Steierbetrag, deem een um Benefiss vum Verkauf bezitt, op ee Véierel vun engem sengem duerchschnëttleche Steiersaz erofgesat. Ausserdeem geet et duer, wann een nëmmen zwee Joer Propriétaire vun deser Immobilie ass.

Véiertens, d'Erëmaféiere vun der steierlecher Neutralitéit vun der Plus-value op Immobilien. Wann ee bis den 30. Juni 2025 en Immeuble verkeeft, da kann een d'Plus-value op deem Verkauf steierlech neutraliséieren ënnert der Konditioun, dass des Plus-value entweeder op eng Immobilie transferéiert gëtt, déi ënnert dem Regime vun der Gestion locative sociale verlount gëtt, oder dass déi d'Immobilie A+-klasséiert gëtt, wat d'Energieperformance, d'thermesch Isolatioun an d'Émweltperformance ugeet. Dëst mussen nei gebaute Gebaier sinn an den Transfert vun der Plus-value muss bis spéitstens d'Steierjoer 2026 gemaach ginn.

Fënneftens, d'Eropsetze vum Taux a vun der Dauer vum Amortissement vu Mietwunnengen. Ab deem Joer, wou d'Immobilie fäerdeggestallt ass, an déi follgend sechs Joer kann den Investisseur vun zousätzleche 4 % Amortissement profitéieren. Des 4 % komme bei déi 2 % Amortissement derbäi, déi op all Immobilie kënnen geltend gemaach ginn. De gesamten Amortissement beleeft sech also op 6 % vum Wäert vun der Immobilie ouni den Terrain. Den Abatement, dee pro Joer geltend gemaach ka ginn, dierf net méi héich si wéi 250.000 Euro. Des Moosnam zielt fir all VEFA, also Vente en l'état futur d'achèvement, där hiren Akt bis den 30. Juni 2025 beim Nottär ënnerschrifwe gëtt.

Här President, an hirem Avis vum 27. Januar 2025 erkläert d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics sech generell averstan mat all Moosnam, déi de Leit et erlaabt, zu engem Eegenheem ze kommen. Si bedauert awer, dass grad bei deenen, déi et am néidegsten hunn, des Hëllef net ëmmer ukommen. Dobäi schwätzt si och vun de Primo-acquéreuren, also deene Leit, déi hir éischt Wunneng kafen, fir selwer dran ze wunnen. Des Leit profitéieren vum Eropsetze vum Bëllegen Akt vun 30.000 op 40.000 Euro.

D'Chambre des Métiers ass an hirem Avis vum 5. Februar 2025 och frou, dass d'Moosname verlängert ginn. Si weist nach emol drop hin, dass d'Fuerderung no enger VEFA mat enger Energieperformance vun der Klass A+ vill méi deier ass wéi wann et just eng A-Klass wier. Des Weidere bedauert si, dass just Privatpersounen vun dese Moosname profitéieren kënnen a keng moralesch Persounen.

D'Chambre de Commerce bedauert genee wéi d'Chambre des Métiers, dass just Privatpersounen vun

dese Moosname profitéieren kënnen. Si freet, dass de Plaffong vun de Scholdzënsen, déi kënnen steierlech ofgesat ginn, eropgesat gëtt. Mee am Allgemenge begreift si d'Verlängerung vun de Moosnamen.

De Staatsrot huet sech a sengem Avis vum 25. Februar 2025 zimmlech kritisches mam Gesetzesprojet auserneegeat, wat d'Lafzäit dovunner ugeet. Hie weist op de Prinzip vum der Annualitéit vun de Steieren hin. Aus deem Grond recommandéiert hien, fir déi sechs Méint Verlängerung vun de Moosname just am Kader vum modifizéierte Gesetz vum 22. Mee 2024 virzegesinn an net an d'Steiergesetz anzuschreien.

Laut dem Finanzministère ass et awer méi lieserlech, alles direkt am Steiergesetz anzuschreien. An do-wéinst proposéiert hien, bei sengem Text ze bleiwen. Ausserdeem huet de Staatsrot och nach verschidde legistesche Remarque gemaach.

Här President, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport a soen Iech Merci fir d'No-lauschteren.

Discussion générale

Ech fueren elo virun als mandatéierte Spriecher vu menger Partei. Et gëtt vill diskutéiert, ob et sënnavoll ass, des steierlech Mesüeren ëm sechs Méint ze verlängeren oder net.

Mee kucke mir einfach emol d'Zuelen, déi de Finanzminister eis an der zoustänneger Kommissioun matgedeelt huet. Am Joer 2021 goufe ronn 19.200 Akte mat enger Immobilienübertragung gemaach. Dovunner ware ronn 3.300 Akte fir VEFAen. Also d'VEFAen hunn ongeféier 17 % vun den Akten uitgemaach.

2022 waren et 16.000 Akten, also scho bal 3.000 manner wéi dat Joer virun. An dovunner waren 2.300 Akte fir VEFAen. Dat sinn nach 14 %.

Am Joer 2023 leie mir bei 11.250 Akten, wouvunner der just nach 814 fir VEFAe sinn. Dat entsprécht 7 % vun all den Akten.

Fir d'Joer 2024 sinn et 11.990 Akten an dovunner ronn 1.000 fir VEFAen. Dat sinn 9 %. Hei ass et awer interessant drop hinzeweisen, dass aleng am Mount Dezember 316 Akte gemaach gi si fir VEFAen, also bal een Drëttel vun all den Akte fir d'Joer 2024.

Am Januar vun deem Joer goufen am Ganzen 1.474 Akte gemaach, an dovunner waren der 76 fir VEFAen, also ronn 12 %.

Mir gesinn aus desen Zuelen, dass de Verkauf vun de VEFAen erëm esou lues unzitt, mee et geet nach lues virun a mir sinn nach laang net um Niveau vun 2021 ukomm.

Duerfir ass et an den Ae vun der CSV richteg a wichteg, dass mir des Steiermesüeren ëm sechs Méint verlängeren. Och wa mir nach keng definitiv Zuele vu Minister kritt hunn, wat den Déchet fiscal vun de Mesüeren aus dem éischte Paquet Logement vun 2024 ugeet, esou rechent d'Steierverwaltung dach awer mat 133 Milliounen fir dat Joer.

Ee Punkt, deem aus eiser Siicht och nach wichteg ass ervirzeeträichen, sinn d'Mesüeren, déi de Primo-acquéreuren entgéintkommen, also deene Leit, déi hir éischt Immobilie kafen. Ech hat et schonn a mengem mëndleche Rapport gesot, mee ech weisen nach eng Kéier op de Crédit d'impôt Bëllegen Akt hin, fir Leit, déi selwer an d'Immobilie wunne ginn. Bis den 30. Juni vun deem Joer beleeft dese Crédit d'impôt sech nach op 40.000 Euro pro Persoun amplat vun 30.000. Dëst bedeit, dass eng Einzelpersoun, déi hir éischt Immobilie keeft, keng Aktschäfte bezitt bis zu engem Kafpräis vu 571.000 Euro. Fir eng Koppel verduebelt dese Kafpräis sech op 1.142.000 Euro.

Zousätzlech kënnt do nach d'Reduktioun vun der Hallschent vun der Base impossible op den Enregistrements- an Transcriptionssäschten derbäi. Och dës Mesür gëllt bis den 30. Juni 2025.

Mat der Verlängerung vun dëse steierleche Mesürene hoffe mir, dass de Logementsmarché weider unzitt. An deem Sënn stëmme mir als CSV dëse Gesetzesprojet selbstverständlech mat. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Madamm Adehm. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Patrick Goldschmidt.

Une voix | Très bien!

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert elo net méi op déi eenzel Mesürene agoen, well dat jo schonn ausféierlech elo vun der Rapportrice gemaach ginn ass.

Wann een de leschten Zuele vum Observatoire de l'habitat an dem Statec gleeft, da kann ee feststellen, dass de Logementsmarché nees unzitt an déi kritesch Phas hannert sech huet. Déi lescht Zuele weisen, dass tëscht Dezember 2023 an Dezember 2024 e Plus vun iwwer 270 % bei der Unzuel vu Ventè vun Appartements, déi sech nach am Bau befannen, ze verbuchen ass, woubäi een hei muss oppassen, wann ee vu Prozenter schwätzt. 270 % bei enger niddreger Zuel ass ëmmer nach ganz wéineg a vill, vill manner wéi déi Zuelen, déi virunner genannt gi si vun 2021 an 2022. Et muss een also déi Zuelen an de Kontext setzen. De Marché hat 2023 ganz wéineg Aktivitéit an een Deel vun dësem Chiffer geet mat Sécherheet op de VEFA-Opkaftprogramm vum Staat a vun der Stad Lëtzebuerg zréck.

Och d'Erofsatzte vun den Enregistrementskäschte vu 7 op 3,5 % huet de Leit nach en zousätzlechen Incentive ginn, eng Wunneng ze kafen, sief dat eng VEFA oder eppes, wat scho gebaut ass.

Duerch déi sëlleg steierlech Virdeeler mierke mir, dass de Marché mat all deenen Aktivitéiten an Aarbechtsplazen, déi hannendrun hänken, sech awer ëmmer an déi richteg Richtung beweegt. Et ass vu gréisster Bedeitung, dass mir derfir suergen, dass weiderhi genuch Aktivitéit stattfënnt, well mer anerwärts riskéieren, d'Aarbechtsplazen ze verléieren, wat natierlech dann och de Sozialstaat belaauscht. Bei feelender Aktivitéit kéint et souguer sinn, dass mir als Lëtzebuerg an dësem Fall eng considerabel Zuel vun Aarbechter géife ganz verléieren.

Här President, all dës Mesürene hunn derzou gefouert, dass de Marché sech lues a lues erkrëtt. A jo, ech héieren elo schonns vu verschiddene Leit, dass d'Mesürene, déi d'Regierung en place gesat huet, net effektiv sinn.

Une voix | Jo. Très bien!

(Hilarité)

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Ech hunn drop gemaach. Mee do kann ech nëmme soen, dass d'Zuelen, déi mer am Moment gesinn, en Trend an déi richteg Richtung weisen. Jo, et muss nach vill gemaach ginn, fir dass de Marché sech nach weiderhi verbessert an da stabiliséiert, mee wann een e Réckbléck mécht an d'Zuele kuckt, da fanne mir als Demokratesch Partei, dass d'Regierung 2024 déi richteg Mesüre geholl huet, fir de Wunnengsbau ze fërderen a parallel déi vill verschidden Aktivitéiten ze ënnerstëtzen.

Mam neie Schwong an de favorabelen Zënsen, déi sech iwwer déi lescht Méint entwéckelt hunn, hu mer gesinn, dass d'Leit dobaussen ëmmer ufänken,

Vertrauen an de Wunnengsbau ze kréien. Deen Trend gëllt et elo weiderzeféieren, an d'Regierung huet mat der Verlängerung vun dëse spezifische Mesüre bis den 30. Juni 2025 dofir de Grondstee geluecht.

Wann dësen Trend elo weidergefouert gëtt, da wäert eise Marché – sief dat d'VEFAen, de Bestand an och de Locationsmarché – sech weiderhi stabiliséieren. Am Juli kucke mer dann, ob d'Mesürene duerginn oder ob mer dat Ganz nach eng Kéier mussen analyséieren.

Plusieurs voix | A!

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Mee dem Statec säin neiste Rapport huet awer gewisen, dass d'Courbe no uewe geet, soudass mer zouversichtlech sinn, dass den 30. Juni dee richtegen Datum ass.

An domadder géif ech och ofschléissen an den Accord vun der DP-Fraktioun fir d'Verlängerung vun dëse Mesüre ginn. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Goldschmidt. An da wier et um honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci, Här President. Haut de Moien hu mer schonn iwwer e kleng Kaddo fir d'Promoteuren ënnert der Form vun enger Aide aux fouilles archéologiques am Kader vum Patrimoinegesetz geschwat.

Abee, haut de Mëtteg schwätze mer dann iwwer eng Partie weider Steiermesürene oder Steierkaddoen, d'Verlängerung dovunner, fir Investisseuren am Bësch vum Logement.

An ech géif et gären direkt virewech soen: Eis Meenung als LSAP zu dësem Paquet Logement huet sech net geännert säit der initialer Adoptioun. Am Mee vum leschte Joer krute mer dës Mesürene als grouss Wonnerléisung fir de Bau presentéiert. Mam Bëllegen Akt fir Investisseuren géif et um Bau ëmmer esou richtig rullen.

Abee – an dat musse mer haut constatéieren –, esou war et leider net! Keng vun de presentéierte Mesürene huet groussaarteg derzou bäigedroen, dass d'Aktivitéit um Bau ëmmer geklommen ass.

D'lescht Woch krute mer nach vum Statec gesot, dass et ganzer 144 Wunnengen zousätzlech waren am drëtten Trimester, déi als VEFA-Kontrakt verkaaft gi sinn. A jo, et ass richtig, dass am véierte Quartal d'Zuel vu verkaafte VEFAen ëmmer geklommen ass, wat awer leider, oder wat einfach faktuell – an den Här Goldschmidt huet dat elo just zouginn – wéinst dem staatlechen Opkaftprogramm an och dem Opkaftprogramm vun der Stad Lëtzebuerg causéiert gouf.

Här President, mir sinn der Meenung, dass hei eng Opportunitéit verpasst gouf. Déi Kris am Bausektor, déi hatt kënnen anescht genotzt ginn.

D'Méiglechkeet hätt bestanen, hei wirklech e grouss Coup ze landen. Dat ass leider net geschitt. Deen Opkaftprogramm, deen decidéiert gouf iwwer e puer Joer – ech mengen, et sinn eng 450 oder bal 500 Milliounen –, deen hatt an eisen Ae vill méi héich misse sinn. Deen hätt wirklech kënnen dës Flaute am Marché exploitéieren. A mir hätte missen higoen an am Fong massiv Terrainen a VEFAen opkafen, fir eis wirklech e Park an abordabele Wunnengen zouzeleeën, um Niveau vun de Gemengen, mee awer och um Niveau vum Staat.

Mir schwätzen hei am Fong iwwer e Paquet, deen u sech eng Léicht vu Steierkaddoen ass fir eng bestëmmte Schicht vu Leit, déi och gewisen hunn, dass se an hirem éischte Joer net déi erwënscht Léisunge bruecht hunn. Als Konsequenz hu mer haut also nach

eng Kéier dëse Paquet do leien, dee mer dann elo sollen ëm sechs Méint nach eng Kéier verlängeren. Mir sinn der Meenung, dass dat net de richtige Wee ass, fir de Wunnengskris ze begéinen.

Ech wëll dat hei soen, dass mir déi Kritik als LSAP hunn, mee dass mer awer beileiwen net déi eenzeg sinn. D'Lëtzebuerg Zentralbank huet an hirem Avis zum Budget d'lescht Joer virdru gewarnt, dass dës Steierkaddoen, dës Demande-Politick, präisdreiwend kéinte wierken, wéi se dat och an der Vergaangenheet ëmmer ëmmer gemaach hunn. De Gouverneur vun der Zentralbank nennt dës Zort vu Politick anti-sozial an antikompetitiv, well se weeder eppes fir den Accès zum Logement nach eppes fir de Standuert mécht. Den FMI, och net grad e sozialisteschen Think-tank, huet am Kader vu sengem Concluding Statement bei senger Missioun hei zu Lëtzebuerg och nach emol betount: „Mat dëser Politick setzt Der op dat falscht Päerd.“ Net d'Demande, mee d'Offer misst an d'Luucht gesat ginn. Nëmme esou kritt een d'Präisser op Dauer an de Grëff.

Wa mer eis awer, wéi gesot, déi neisten Zuele vum Statec ukucken, sou wéi mer se d'lescht Woch matgedeelt kruten, sou gesi mer, dass d'Präisser u sech elo ëmmer unzéien, dat heescht hei fänke mer elo schonn un, soubal d'Zënsen ëmmer erofgaange sinn, dee Cercle vicieux ze gesinn, virun deem eis d'Zentralbank an och den FMI warnen. D'Präisser klammen ëmmer, ouni dass awer ëmmer méi gebaut gëtt, wéi dat nach während de Boom-Joren de Fall war. A wéi gesot, och dat ass virausgesot ginn an et ass u sech keng Surprise, dass mer haut an där Situatioun do sinn.

De Message, dass déi Mesürene elo net solle verlängert ginn, schéngt ukomm ze sinn, Här Minister. Dir hutt dat um Radio och nach eng Kéier gesot viru Kuerzem. An de Porte-parole, de President vun der Chambre immobilière, den Här Scheuren, huet och gemengt, dass Der zum Schluss komm wäert, dass dës Mesürene u sech net immens effikass wieren, an en huet sech gefrot, wat dann elo géif duerno kommen. A vläicht kënnt Der eis dozou och elo schonn eppes soen, wat Är Gedanke sinn. Den Här Goldschmidt schéngt sech jo schonn e puer Gedanken gemaach ze hunn. Abee, Dir kënnt eis vläicht och soen, wat Är Iddien dozou sinn.

Här President, zum Schluss nach eng Kéier: Mir mengen net, dass déi Kris, déi mer gesinn hunn, eppes ze dinn hat mat feelende potenzielle Keefer. Mir mengen, dass se vill ze dinn hat mat ze héije Präisser, nach wie vor um Baumaart an insbesonnesch bei VEFAen. Déi Präisser si lichter gefall, ëm ongeféier 15 %. Parallell sinn d'Zënsen elo amgaang ze falen an dat explizéiert och eng gewësse Relance, mee mir fäerten, dass mer mam Prolongement vun dësem Pak u sech ëmmer an dee Cercle vicieux vun enger Unheezung vun de Präisser kommen an doduerch am Fong de Contraire vun deem bewierken, wat mer u sech gären hätten.

Dofir, Här President, wäerte mir dëse Projet de loi net matstëmmen. Mir fannen awer och net alles schlecht heiran an dofir géif ech och gären e Vote article par article froen, ...

(M. Franz Fayot dépose une demande de vote séparé sur l'article 6 du projet de loi 8470.)

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | ... well mer den Artikel 6, ... Jo, Här Clement, vive d'Demokratie, hein?

M. Sven Clement (Piraten) | Hunn ech elo iergend-eppes gesot?

M. Franz Fayot (LSAP) | ... wou et u sech ...

Är Kierpersprooch schwätzt fir Iech.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Géint.

(Hilarité)

M. Franz Fayot (LSAP) | Den Artikel 6, deem u sech de Bëllegen Akt op 40.000 Euro eropsetzt fir Primo-acquéreuren, mir fannen dee gutt a mir sinn der Meinung, dass dat eng Mesür ass, wou een och nach kéint driwwer nodenken, se iwwert d'Dauer vun dësem Projet de loi ze verlängeren. An dofir hätte mer gären e Vott iwwert déi Dispositioun am Gesetz.

An, Här President, ech ginn Iech och nach eng Motion of, wou mer d'Regierung invitéieren, sech u sech drun ze halen, dass dëst Gesetz net iwwert den 30. Juni prolongéiert gëtt, dass dat am Fong en Engagement ass, deen haut geholl gëtt, a wou mer awer och gären hätten, dass d'Regierung en Transparenzmechanismus aféiert, well mir schwätzen ëmmer erëm driwwer, dass déi Demandemesure sollen am Endeffekt agepräist ginn an de Prix d'acquisition, deen d'Vendeuren an d'Promoteure froen. Abee, mir sinn der Meinung, dass et am Fong gutt wär, wann een do eng Transparenz géif kréien, dat heescht wann eng Obligatioun agefouert géif ginn, dass d'Vendeuren, d'Promoteuren hire Präis opschlëselen – wat de Prix du terrain ass, wat de Prix de la construction ass –, fir dass een eeben och ka gesinn, wat d'Partie ass vun den Aiden, vun de Steiermesuren, déi sech op dee Präis do dann dee Moment repercutéieren.

Mir mengen, dass dat eng effikass Method wär, fir méi Transparenz an dee Marché do eranzebréngen an doduerch och eng Partie Abusen ze evitéieren.

Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– considérant que le projet de loi n° 8470 propose de prolonger jusqu'au 30 juin 2025 plusieurs mesures fiscales introduites en mai 2024 dans l'objectif de relancer le marché du logement ;

– notant que ces dispositifs, et notamment les incitations fiscales en faveur des investisseurs, n'ont pas démontré d'effet significatif sur la relance de l'activité dans le secteur de la construction, mais semblent avoir eu un effet flambant sur les prix de l'immobilier, comme l'ont relevé les données fournies par le Statoc ;

– considérant que la spéculation foncière et les incitations fiscales mal ciblées ont été des facteurs aggravants de la crise du logement au Luxembourg au cours des dernières années ;

– considérant que dans le projet de loi n° 8470, le seul outil fiscal directement favorable à l'accession à la propriété des ménages non propriétaires est le « Bëllegen Akt » en faveur des primo-acquéreurs ;

– soulignant qu'une politique de logement juste et efficace doit cibler prioritairement les ménages qui n'ont pas encore pu accéder à la propriété, et non favoriser la rentabilité d'investissements privés ;

– soulignant qu'il est nécessaire de renforcer la transparence sur les prix pratiqués dans les transactions immobilières afin de mieux protéger les acquéreurs,

invite le Gouvernement

– à mettre fin, à l'échéance prévue du 30 juin 2025, à l'ensemble des incitations fiscales prévues en faveur des investisseurs dans le cadre de la loi n° 8470 et à ne pas reconduire ces mesures au-delà ;

– à maintenir de manière permanente le crédit d'impôt « Bëllegen Akt » à hauteur de 40.000 euros pour les

primo-acquéreurs, comme outil central de soutien à l'accès à la propriété ;

– à mettre en place un mécanisme de transparence obligatoire sur la formation des prix dans les ventes immobilières, imposant aux promoteurs et vendeurs d'indiquer clairement, dans tout contrat de vente, la ventilation du prix total entre la valeur du terrain, les coûts de construction et l'impact des aides fiscales et/ou étatiques.

(s.) Franz Fayot, Yves Cruchten, Claire Delcourt, Georges Engel, Paulette Lenert.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Fayot. An d'Wuert ass elo fir den Här Sven Clement fir Fait personnel.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech war jo virdrun ... Den Här Fayot huet jo gemengt, en hätt aus menger Kierpersprooch eppes erausgelies iwwert seng Demande, déi e grad agereecht huet. Ganz am Contraire.

Et ass u sech ... Meng Kierpersprooch huet ausgedréckt, datt mer grad driwwer geschwat haten, wéi mer déi lescht Joren hei, wéi hien nach Minister war, Motiounen a Propositionen deposéiert hunn, fir eng Deckelung anzeféiere vun de Fraise bei den Immobiliären, a wéi hien als Minister dat ëmmer blockéiert huet. An elo schwätzt e vu Präis erfsetzen.

An deementspriedend hat ech eng Kierpersprooch, déi nach e bëssen eng Frustratioun mat senger deemoleger Positioun par rapport zu der haiteger Positioun ausgedréckt huet, mee ech sinn awer ganz frou, datt seng Positioun mëttlerweil evoluéiert huet.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Dat war eng Explikatioun a keng Fro.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, mee et war Fait personnel.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Jo, mee dat war richteg. Jo, et war eng Explikatioun fir de Fait personnel.

M. Franz Fayot (LSAP) | Dierf ech eppes dozou soen, Här President?

Une voix | Nee.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Den Här Fayot brauch do näischt dozou ze soen. Dat war keng Fro. Et war eng Explikatioun a keng Fro. An deem Sënn ...

(Interruptions)

Nee. Nee. An dann ass d'Wuert fir den honorabelen Här Fred Keup.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Da maacht Der dat bei der Motioun.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Jo, dat geet.

M. Fred Keup (ADR) | Merci. Merci, Här President. Ech probéieren dann, erëm e bëssen Zäit guttze machen. Dat wäert mer och elo geléngen.

Virun engem Joer huet d'Chamber hei Moosnamen decidéiert, fir eeben hei d'Keef an d'Verkeef vu Wunnengen erëm unzekuerbelen a fir aus enger Kris erauszekommen, an där mer dra waren.

Wéi et gewiescht wier, wann d'Regierung – respektiv d'Chamber, well et ass jo d'Chamber, déi d'Decisiounen hëlt, net d'Regierung –, wann d'Chamber déi Decisiounen net geholl hätt, dat wäerte mer ni gewuer ginn.

Mir sinn op jidde Fall iwwerzeegt, dass dës Moosnamen eppes bruecht hunn, alleguerten. Vläch net

alles dat, wat een sech erwaart huet, mee et wier sécherlech méi schlëmm gewiescht ouni dës Moosnamen, souwuel fir d'Leit, déi eppes wëlle kafen, wéi déi, déi eppes wëlle verkafen, wéi natierlech och fir d'Beträiber an och d'Promoteuren, déi involvéiert sinn.

Dofir freeë mer eis och haut, wann dës Moosnamen haut vun der Chamber hei verlängert ginn. An déi fënnf Stëmme vun der ADR, déi misst Der do derfir hunn.

Merci.

M. Dan Hardy (ADR) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Keup. An da wier et un der honorabelen Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, mir diskutéieren haut iwwert d'Verlängerung vun engem Moosnamepak, dee virun engem Joer als eng temporär Reaktioun op eng schwéier Kris am Baumaart lancéiert gouf, mee wéi esou oft an der Politick: „Il n'y a que le provisoire qui dure.“ An den Här Goldschmidt huet mer elo e bësse Suerge gemaach. En hat dat schonn an der Kommissioun gemaach, well en elo schonn erëm eng Lanz dofir brécht, dass mer dee Provisoire nach sollte weider verlängeren. Ech zielen awer do op de Finanzminister, deen dës Kéier nach méi kloer wéi bei dem urspréngleche Projet, wou en dat och scho gesot hat, gemengt huet, et wär net sënnvoll, dat heiten nach eng Kéier ze verlängeren. An dofir sinn ech och ganz dankbar iwwert déi Motion vun der LSAP. Da kréie mer jo Kloeheet iwwert d'Positioun.

Dass ech net falsch verstane ginn: Mir verstinn natierlech, datt dem Bausecteur an dem Handwierk ënnert d'Äerm gegräff gëtt an dass probéiert gëtt, de Marché ze stabiliséieren. Mee ech denken awer, mir missten e bëssen differenzéieren. Wien ënnerstëtze mer? Wéi eng Moosnamen hëllef wierklech? A virun allem: Wéi eng risquéieren, méi spët en neie Präisdrock ze provozéieren?

Fir d'éischt emol zu deem, wat mer ganz positiv fannen. Dat ass de Bëllegen Akt fir d'Eegenheem. Ech wëll et kloer soen: Mir si fir déi Verlängerung vum Bëllegen Akt fir déi Leit, déi eng Wunneng kafen, fir selwer dra wunnen ze goen. Dës Moosnam hëllef Jonken, si hëllef Koppelen, si hëllef Familljen am Sprong an d'Proprietéit. An dës Kreditt, deen hëllef och geziilt do, wou en dann och effektiv gebraucht gëtt. Hei geet et ëm Accessibilitéit an net ëm Rendement.

Dat anert awer, d'Mesure fir d'Investisseuren: Hei ass de Risiko vun engem neien Drock op d'Präisser, dee reell ass. De Franz Fayot huet och schonn déi Referenze genannt – et gëtt der nach – vun deene Leit, déi d'Budgete kommentéieren, déi ganz grouss Reserven hunn, wat déi Moosnamen do ubelaangt. D'Reduktioun vun der Besteuerung op d'Plus-value, den acceleréierten Amortissement an och de Crédit d'impôt fir Locatiounsinvestisseure si Mesuren, déi kloer drop setzen, datt d'Leit eng Wunneng kafen als Investitioun, voire als Spekulationsobjekt, an eeben op en zolitte Rendement spekuléieren.

De Staat awer huet eng Verantwortung an et geet eigentlech drëm, dass mer baue sollen, amplat déi ze subventionéieren, déi an de Bau, an de Wunnengsbau investéieren.

Et besteet e reelle Risiko, datt dës Moosnamen – also déi fir d'Investisseuren – präisdreiwend wierken an domat de Problem verschäerfen, dee mer um Wunnengsmaat kennen, amplat en ze léisen.

Mir verstinn natierlech de Grondgedanken, dass de Bausecteur soll ënnert d'Äerm gegräff kréien, a mir deelen och de Wëllen, de Bausecteur an d'Handwierk ze stabiliséieren, mee déi Jalonen, déi hei gesat ginn, déi sinn an onsen Ae falsch.

Eng Wunneng, déi als Investitioun a fir Profitt kaf gëtt, dréit net zur Schafung vun deem bäi, wat mer am meeschte brauchen, an zwar dem bezuelbare Wunraum. Wunnengen, déi an ëffentlecher Hand bleiwen, kënnen genausou gutt och vu private Betriber gebaut ginn. Si ginn d'ailleurs och vu private Betriber gebaut, mam Ennerscheid, dass se dono zu faire Präisser kënnen verloung ginn.

Dofir geet et net duer, Steierkaddoen un Investisseuren auszudeelen. Wa mer wierklech Wunraum wëlle schafen, da muss de Staat och seng eege Verantwortung iwwerhuelen als aktive Bauhär an als Motor um Terrain. A wat heescht dat konkret? D'Staatlech Ausschreiwunge mussen weider massiv eropgesat ginn. Et sollen nach méi massiv VEFA-Wunnengen opkaf ginn an d'staatlech Promoteure solle méi a méi konsequent bauen. Mir hätten och gär, dass eng Meerwäertabgabe agefouert gëtt, wa bei administrativen Decisiounen Plus-wäert um Terrain entstinn.

An deem Kontext stellt sech och eng Fro un Iech, Här Minister: Wou bleiwen déi ukënnegt Public-private-Partnership-Projeten, wou jo sollt mam Privatsektor erschwéngleche Wunnengsraum realiséiert ginn? A wéi gesäit et och mam SPV Prolog aus, deem Instrument, dat zesumme mat de Banke geschaf gouf? Gëtt dat aktiv genotzt oder ass et méi eng symbolesch Initiativ bliwwen?

De Staat huet och eng Verantwortung: net nëmme schenken, mee och froen. Et kann net sinn, dass virun allem déi ënnerstëtzt ginn, déi kapabel sinn, ze investéieren, mee dass kee steierlechen Drock op déi ausgeübt gëtt, déi hir Responsabilitéit als Proprietär net wouerhuelen. De Staat huet net nëmme eng Förderverantwortung, mee och eng Regulatiounsverantwortung. Wéi ass et mat deene villen direkt bebaubaren Terrainen, déi net bebaut ginn? Wéi ass et mat den onzielige Gebaier a Wunnengen, déi eidel stinn, obwuel eng Nofro do ass? Wou bleiwen déi steierlech Contrainten? Wou bleiwen d'Instrumenter, déi scho laang um Dësch leien? D'Reform vun der Grondsteuer, d'Mobiliséierung vu broochleiden Terrainen, d'Besteuerung vun eidel stoende Wunnengen goufen deposéiert. Wou si se drun? Mir wieren immens frou, wann do mat deem selwechten Äifer géng geschafft gi wéi bei deene Mesüeren hei.

Mir géifen eis wënschen, dass de politeschen Elan, dee ganz kloer do ass, fir d'Investisseuren ze ënnerstëtzen, och do wier, wann et drëm geet, d'Responsabilitéit anzefuerdere vun deenen, déi potenzielle Wunraum blockéieren, zeréckhalen oder spekulativ eidel stoe loossen, respektiv fir mat politeschem Courage d'Incentives wierklech esou ze setzen, dass mer endlech virukomme beim Leerstand a beim Logement, deen abordabel ass.

D'Wunnungskris léist een net mat Bonifikatiounen. Si verlaangt Courage, fir déi an d'Veantwortung ze huelen, déi se verweigere (veuillez lire: déi d'Responsabilitéit verweigere).

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Madamm Tanson. An d'Wuert ass elo fir den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Wunnungskris léist een net mat finanziellen Incentives. Ech si mat villem averstanen, wat d'Madamm Tanson virdru gesot huet. Ech si mat där Konklusioun vläicht net ganz averstanen. Ech mengen, dass et eng ganz Rëtsch

Incentivë ka ginn, zumindest op Keefersäit, déi ee ka mobiliséieren, fir dass een eebe grad iwwerhaupt d'Acquisitioun méiglech ka maachen. Ech mengen, dass mer deelweis och mussen dru schaffen, dass d'Offer an d'Luucht geet. An ech mengen net, dass all déi Mesüeren, déi mer elo haut hei nach eng Kéier verlängere, genau dat Zil erfüllen.

Ech mengen, dass dat och déi grouss Fro vun deem heite Projet ass, ob mer iwwerhaupt dat Zil, dass mer eis gesat hunn, nämlech engersäits d'Offer ze steigern, iwwerhaupt erfüllen oder ob mer nëmme op der Demandesäit eppes gemaach hunn. An ech hu bis elo zumindest perséinlech d'Gefill, dass mer hei haaptsächlech op der Demandesäit nach e bëssen de Marché um Liewe gehalen hunn, awer op der Offersäit net wierklech derfir gesuergt hunn, dass méi gebaut gëtt, an dass ass trotz alle Krisen nach ëmmer de Problem, dee mer hunn. Well wa mer elo aus där heite Situatioun erauskommen, dann hu mer erëm eng Situatioun, wou net genuch Wunraum do ass fir all déi Leit, déi Wunraum sichen an déi Wunraum brauchen. An da geet et erëm weider mat deem nämmleche Cercle vicieux. Dat heescht u sech mussen mer vill, vill méi maachen op der Offersäit, méi bauen, méi séier bauen, méi dicht bauen. Mir haten de Moien nach eng Motioun, wou et drëm gaangen ass, dass al Saachen ofrappe géif Wunraum zerstéieren. Ech bleiwen dobäi: Méi bauen an eeben och méi dicht bauen an iwwerhaupt méi op deene Plaze bauen, wou vläicht virdru manner stoung, ass dat, wat eis kann aus där Situatioun erausbréngen.

Dofir mengen ech net, dass dat heiten déi Sëlwerkugel ass, mat där mer dee Problem hei an de Grëff kréien. Gradesou beim Bëllegen Akt si mir als Piraten awer e bësse skeptesch doriwwer, wéi en am Moment ausgestalt ass. Fir eis ass et ganz kloer, dass dee muss fir eng Résidence primaire an u sech fir Primo-acquéreure gëllen, fir dass mer net herno a komesch Situatiounen kommen, wou Deeler dann och fir aner Zwecker benotzt ginn.

Ech mengen net, dass mer méi Incentivë fir Investisseure brauchen, well de Problem hu mer net op der Demandesäit. Mir hunn am Moment e Problem op der Offersäit. An dass ass de grouss Problem. An op der Demandesäit: Den eenzege Problem, dee mer hunn, dass ass, dass net genuch Offer do ass an dass d'Präisser ze héich sinn. An dann ass et net fir deene Leit, déi et sech leeschte kënnen, et nach méi einfach ze maachen, fir et sech ze leeschten. Dann ass et, fir déi, déi Problemer hunn, et sech leeschten ze kënnen, Weeër ze fannen, fir dass déi zu engem éischten Eegenheem kommen. Dat ass fir eis op alle Fall dat Kruzialt. An dofir mengen ech net, dass mer hei eppes fir Multiproprietäre mussen maachen. Ech mengen net, dass mer eppes mussen maache fir Leit, déi schonn eppes hunn. Mir müssen hei eppes maache fir déi Leit, déi iwwerhaupt emol déi éischte Kéier eppes wëllen acqueréieren.

Dofir: Bëllegen Akt, Primo-acquéreur, absolut d'accord, dass mer Incentiven hunn, déi et de Leit erlaben, eng éischte Kéier zu Eegentum ze kommen. Absolut d'accord! Wann et awer drëm geet, hei Multiproprietären nach eng Kéier fiskalesch ze entlaaschten, domadder hu mer definitiv eise Bauchwéi.

Mir hunn deen heite Projet déi éischte Kéier matgestëmmt, well mer wierklech an enger akuter Kris op deenen zwou Säite vum Marché waren. Op der Demandesäit schéngt sech déi Kris esou lues ze leeën. Ech verstinn dofir, dass se nach eng Kéier ëm en halleft Joer – bon, elo nach dräi Méint – da soll verlängert ginn, fir e Phase-out ze hunn. Wat fir eis awer ganz kloer ass, ass, dass dat hei net nach eng Kéier ka verlängert ginn, Well soss setze mer déi falsch

Signaler. De Minister huet ëmmer gesot, dass hei wäre Mesüeren, déi cibléiert kuerzfristeg misste gëllen, well mer soss och déi falsch Incentivë géife schafen. A genau dat mussen mer dann och maachen.

An dofir gi mir hei nach eng Kéier eisen Accord, mee eng zweete Kéier kritt Der en heifir net.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Clement. Erlaabt Der, dass d'Madamm Tanson Iech eng Fro stellt?

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Et ass eng Kloerstellung. Well effektiv, ech wollt natierlech „net nëmme“ soen, an ech hunn am Eifer des Gefechts, well meng Zäit mer fortgelaft ass, den Nëmme vergiesse ze soen. Mee den Här Clement hat Recht mat senger Remark. Natierlech kann dat e klengen Deel dovunner sinn.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Madamm Tanson. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Bon ...

(Interruption)

M. Fernand Etgen, Président de séance | O! Hei, wannechgelift. Den Här ...

(Interruption)

Ok. Här Wagner, et ass un Iech.

M. David Wagner (déi Lénk) | Ok, Här President. Also, virun engem knappe Joer stoung ech op dëser Plaz an hunn argumentéiert, firwat Steierkaddoe fir Groussbesëtzer a Promoteure Logementskrisen auslösen a verschärfen an net dozou bäidroen, se ze lösen, aneschtens wéi d'Piraten. An haut stëmme mer iwwer eng Verlängerung vun dëse Steierkaddoen of. A wéi schonn d'lescht Joer, stëmme mir och dës Kéier selbstverständlech dergéint.

Ech mengen, dass déi Verlängerung u sech eng vun de gréisste Faillite vun dëser Regierung ass. An et gëtt der vill.

(Brouhaha)

An et gëtt der vill. An do ass e Concours amgaangen innerhalb vun der Regierung, fir Saachen ze maachen, déi sënnslos sinn an déi awer de Steierzueler immens vill Sue kaschten.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Très bien!

M. David Wagner (déi Lénk) | Warscheinlech 138 Milliounen u Steiergelder, gëtt da geschat ...

(Interruption)

Et ass vill Geld, wou DP, CSV an ADR der Meinung sinn, dass dat soll a Yachte vu Promoteuren investéiert ginn.

Plusieurs voix | O!

M. David Wagner (déi Lénk) | Wouriwwer schwätze mir konkret?

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

D'Steiermesüeren, déi hei verlängert solle ginn, hunn zum Zil, d'Rentabilitéit an d'Investitiounen an de Bau vu Wunnengen, am Besonneschen am Locatiounsberäich, eropzesetzen a Groussgrondbesëtzer ze iwwerzeegen, Terraine weiderzeverkafen, andeem se Steieren op der Plus-value erlooss kréien.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Très bien!

M. David Wagner (déi Lénk) | An der Vergaangenheet goufen esou Mesüeren, ënner anerem d'Intensivierung vum Amortissement accéléré – dat war och

scho bei der viregter Regierung – an déi nach méi déif Besteuerung vu Benefisser op Terrainsverkeef, scho mol agefouert an ëmmer erëm ofgeschafft, nodeems allkéiers d'Feststellung gewuess war, dass dat iwwerhaupt näischt bréngt. Wat hei geschitt, ass irresponsabel an e liichtfankegen Émgang mat de Steiergelder.

Här President, déi lescht Donnéeë vum Logements-marché schwätzen eng däitlech Sprooch: Déi eenzeg Sparten um Immobiliemarché, déi erëm lues a lues ulafen, sinn déi scho bestoend Appartementer an Haiser. Dat si Privatleit, déi u Privatleit verkafen an déi och bereet waren, 20 % mam Präis erofzegoen.

Déi sougenannte VEFAen – also Wunnengen um Plang, also en gros d'Offere vun de Promoteuren –, déi sinn nach ëmmer op historesch déiwem Stand! Mat de Präisser sinn d'Promoteure just wierklech marginal erofgaangen. Si hu léiwer de Choix gemaach, um Präis festzehalen an de Volume erofzesetzen – wat Géft ass an engem Land, wou scho vill Wunnenge feelen! Ouni déi dach relativ spärlech Opkeef vu VEFA-Projete vum Staat, vun der Stad Lëtzebuerg – déi ech och ëmmer matstëmmen – an dem Fonds du logement, wier an deem Marché do quasi null Aktivitéit gewiescht. Et ass awer genau dëse Marché, dee mat de Steiermesüre vun der Regierung prioritär viséiert ass.

Parallèl dozou klammen d'Loyerer däitlech méi séier wéi d'Inflation. Mir hunn also eng Deierecht bei de Locatiounswunnengen, déi vill Ursaachen huet, mee awer och dorobber zrëckzeféieren ass, dass net genuch Ajustementer bei de Präisser an der Vente gemaach gi sinn, fir dass déi héich Zënse fir Immobilielieprête vu potenzielle Keefer kënne gestëmmt ginn.

Här President, d'Noutlag am Logement ass déif verwuerzelt a ville politesche Feeler vun de leschten 20 Joer oder souguer eenditeg méi. Déi heite Regierung huet an eisen Aen, tradition oblige, en décke Feeler gemaach. Mir sinn net aleng mat dëser Meinung. Dat ass schonn e puermol gesot ginn. D'Handwierkerkummer seet dat elo haut, an dat soten och aner Acteure wéi d'Salariatskummer. Déi ekonomesch Situatioun, wéi se sech virun zwee, dräi Joer gestallt hat, wier u sech de Moment gewiescht, fir seriö ëffentlech Investitiounen am Wunnengsbau ze maachen. Déi Chance gouf net ergraff.

D'Initiativ vum fréiere Logementsminister Henri Kox, fir mam Staat VEFA-Projete opzekafen, ass relativ séier verpufft. Bis haut ass den Total vun Wunnengen, déi de Staat opkaf huet, éischter anekdotsch bliwwen, wann ee bedenkt, wat gebraucht géif ginn, mam Resultat, dass den Ecart tëscht deem, wat u Wunnenge gebraucht gëtt, an deem, wat do ass a gebaut gëtt, elo nach méi grouss ginn ass.

Finanziell kënne mer awer aus dem Volle schöpfen. Et ass onverantwortlech, dat net ze maachen. De Finanzminister konnt jo och nach virun e puer Deeg berichten, dass de Staatsbudget am Endeffekt quasi opgeet, nodeem virun engem décke Joer nach vun 3 Milliarden Defizit rieds war. Déi Milliarde wiere besser an ëffentlech Wunnengen investéiert. An déi vill Leit, déi all Mount 50 % vun hirem Akommes fir de Remboursement vun engem Prêt oder d'Bezielung vun engem Loyer ausginn, wiere sécher net rosen, wann déi Suen esou investéiert géife ginn, amplaz an den Täsche vun de Promoteuren ze verpuffen.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Wagner. An nom leschte kënnt dee viraussichtlech allerleschte Riedner: den honorabelen Här Michel Wolter.

M. Michel Wolter (CSV) | Här President, ech erlabe mer, zwee Aspekter an dës Debatt mat eranzewerfen.

Deen éischten ass deem, dass ech fundamental der Meinung sinn, dass hei zu Lëtzebuerg, wat d'Wunnengen ubelaangt, d'Präisser ze héich sinn an dass dat och de Grond ass, firwat dass esou mann verkaf gëtt.

Une voix | Très bien!

M. Michel Wolter (CSV) | Ech hunn e relativ noe Familljemember, dee plënnert elo op zéng Minutte vu Lëtzebuerg. Dee keeft en Haus an enger Gréisst, fir déi en hei zu Lëtzebuerg den dräi- bis véierfache Präis misst bezuelen. Ech géif also d'Regierung froen an d'Chamber froen – ech hunn dem President vun der Chamber schonn déi Propos gemaach –, dass een déi nächst dräi Méint, bis dat heiten ofleeft, een domadder beschäftegt, sech d'Fro ze stellen, firwat dass een zéng Minutte vu Lëtzebuerg ewech am Ausland en Haus fir e Véierel vum Präis kritt vun deem, wat hei zu Lëtzebuerg fir dat selwecht Haus gefrot gëtt.

Ech géif also gäre wëssen, dass fir Däitschland, Lëtzebuerg a Frankräich eng Etüd géif gemaach ginn: Wat kascht dann en Terrain an deenen eenzelne Länner? Wat kascht d'Constructioun? Wat kascht den Enregistrement? Wat kascht d'TVA? An ënner wat fir enge Konditiounen kritt e Mënsch Sue geléint?

Deen heiten, dee plënnert nämlech notamment an d'Ausland, well en net premier Investisseur ass. En hat eng Familijsituatioun, déi schifgaangen ass. En ass also net méi deem éischten, mee en ass elo secundo Investisseur oder wéi dat och ëmmer heescht, a kritt also, wann e keng 30 % vun de Suen op den Dësch leet, kee Kredit vum enger Bank, fir sech Sue fir en neit Haus ze léinen.

Meng éischt Demande, ganz konkret – vu datt ech esou sinn, wéi ech sinn –, ass déi: Ech hätt gären, dass mer emol eng Kéier seriö kënne diskutéieren, Chiffres à l'appui. Wat ass en Haus zu Lëtzebuerg, a Frankräich, an der Belsch, an Däitschland? Wat sinn d'Normen, och d'Normes en matière vun Déckt, vun Isolatioun an esou weider an esou fort, déi et an deenen eenzelne Länner gëtt, fir kënne emol eng Kéier seriö ze vergläichen, ob a firwat an aus wat fir enge Grënn et hei zu Lëtzebuerg e gudder Strapp méi deier gemaach gëtt. An datt mer ophalen, eigentlech an d'Blannt eran ëmmer nëmmen ze diskutéieren: „Dat ass de Promoteur“, an „Et ass de Propriétaire terrien.“ Ass et de Promoteur? Ass et de Propriétaire terrien? Ass et deem, dee baut? Sinn et d'Normen, déi mir imposéieren hei zu Lëtzebuerg, déi anerer net imposéieren? Ass et d'Präispolitik oder d'Zënspolitik vun de Banken? Wat sinn eigentlech d'Grënn, firwat dass dat hei zu Lëtzebuerg net esou fonctionéiert, wéi mer et gären hätten?

An deem zweeten, wann ech scho lancéiert sinn: ...

(Hilarité)

... Ech si Buergermeeschter vun där zéngtgréisster Gemeng aus dem Land. Ech wëll Iech soen: Dat ganz Gespräch do iwwer „d'Gemenge solle matmaachen am groussen Stil am Akaf vun Haiser, vun Terrainen an esou weider an esou fort“, dat ass vläicht gutt fir d'Ville de Luxembourg ...

(Interruption)

... a vläicht nach fir zwou oder dräi aner Gemengen hei am Land! Mee ech leeën Iech de Bilan vu menger Gemeng op den Dësch: Wann ech fäerdeg sinn, meng Schoulen ze kafen, ze bauen, meng Maison-relaisen ze bauen, meng Stroossen ze bauen, meng Kläranlagen ze finanzéieren, da soll ee mir soen, wouhier ech nach d'Sue soll huelen, fir a Milliounenhéicht – well

Dir hätt gären, dass mir a Milliounenhéicht hei era-klammen – eigentlech och nach Terrainen ze kafen a Gebaier ze kafen!

A wann ech als zéngtgréisst Gemeng net à même sinn, dat ze maachen, da sinn der nach 90 hannerdrun, déi och net à même sinn, dat ze maachen.

An ech mengen, datt et och Zäit gëtt, datt mer mussen ophalen, einfach ëmmer nëmme blann ze soen: „Dir musst dëst, Dir musst dat, Dir musst hei, Dir musst ...“ – ech weess net wat –, mee dass mer eis eng Kéier mussen d'Fro stellen, ob mer iwwerhaupt à même sinn, dat ze maachen, wat d'Politick gären hätt, datt mer solle maachen! Je jouerai à livre ouvert.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Wolter.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Gilles Roth.

(Brouhaha)

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | 10 Minutten, jo?

M. Fernand Etgen, Président de séance | 10 Minutten.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ass dat de Modèle de base, dat hei?

Bon!

(Hilarité et interruptions)

Nee, nee, nee.

(Interruptions)

Ech hunn 10 Minutten an duerfir kucken ech, esou séier wéi méiglech op alles ze äntweren.

(Interruption)

Här President, ech stinn awer selbstverständlech bereet, ech wëll dat ganz kloer soen: Jiddwereen, deem ech d'Froen net beäntwert hunn, soll mer, well dat geet jo awer am Modell, ouni dass et menger Interventiounszäit ugerechent gëtt, déi herno stellen. An ech äntweren dann direkt. Aneschters kréien ech dat do net hin.

Ech soen, éischstens, deenen 43 Deputéierte Merci, déi iwwerhaupt dës Moossnamen am Dezember d'lescht Joer gestëmmt hunn. Soss hätte mer dat hei guer net hikritt.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

Ech soen och ganz kloer am Numm vun der Regierung, dass mer dat hei net gemaach hunn, fir, wéi gesot gëtt, den Investisseure Steierkaddoen ze maachen. Nee! Et steet am Regierungsprogramm. An et steet och kloer am Regierungsprogramm, dass dat hei eng kuerzfristeg Approche wier, fir d'Demande, éischstens, an d'Luucht ze setzen, well keng Appartementer, keng Haiser d'lescht Joer kaaft goufen, an, zweetens, dass déi Moossnamen och do dofir zäit-méissig limitéiert wieren.

Den zweete Punkt, deem ech wëll nennen: Et kann een natierlech Moossname kritiséiere wéi de Bëllegen Akt fir den Investisseur. Et kann ee Moossname kritiséiere wéi d'Applikatioun vum Quart du taux global, dat heescht, wann ech eng Plus-value hunn, dass ech do amplaz 20 % 10 % bezuelen. Et kann een natierlech Moossname kritiséiere wéi en Amortissement accéléré.

Mee Dir Dammen an Dir Hären, wa mer d'Offer wëlen héich halen, da mussen mer och zum Deel de Privatinvestisseur hunn, well soss ass d'Offer ze kleng fir déi Demande, déi ëmmer do ass. D'Moosnamen, déi mer geholl hunn dës Kéier, ware ganz kloer, fir de Bau an d'Handwierk ze ënnerstëtzen, fir den Immobiliemarché temporär duerch dës Moosnamen um Lafen ze halen an och indirekt d'Nofro unzuekuerbelen.

Dat hu mer gemaach, net eleng mat Steiermoosnamen, mir hunn et och gemaach, an déi Fro ass jo komm, iwwer Investissementer, déi de Staat selwer mécht. Niewent der SNHBM, niewent engem Fonds du logement an niewent dëse finanziellen Ënnerstëtzung fir d'Bierger hu mer dat gemaach, de Logementsminister, mam Opkaf vu VEFA-Programmer.

An ech wëll Iech awer do trotzdeem e puer Zuele soen: An dem éischte Joer, bis den 28. Mäerz dëst Joer, sinn insgesamt vum Staat 358 Wunnengen, där sougenannter „Neibauten“, also VEFAen, opkaaft ginn, fir 220,5 Milliounen Euro. An et sinn de Moment zousätzlech nach eng Kéier 152 Wunnenge fir 101 Milliounen Reservationsverträge, déi an der Ausaarbechtung sinn. Dat heescht, insgesamt 510 Wunnenge fir 303 (veuillez lire: 321,5) Milliounen Euro. An Dir wësst, dass mer eng Gesamtzomm virgesinn hunn iwwert déi véier Joer vu 480 Milliounen Euro. Dat zousätzlech zu deenen individuellen Hëllef, déi fir déi eenzel Stéit komm sinn. An ech mengen, hei ass de Wunnungsbauminister, de Claude Meisch, wierklech op dem richtege Wee an e mécht dat och mat vill Engagement. An e kuckt och, zesumme mat senger Service, et esou séier wéi méiglech un d'Goen ze kréien.

Firwat hu mer dës Verlängerung proposéiert? Mir hunn dës Verlängerung proposéiert, fir déi Dynamik, déi sech um Enn vum leschte Joer awer ugewise huet, net ze ënnerbrechen, net ze erwiirgen. Mir hu se gemaach, well mer eng gewësse Reprise gespuert hunn. Mir hu se och gemaach, well se parallel agéiert zu enger Zënsbaisse, déi d'Europäesch Zentralbank iwwert déi lescht Méint ageleet huet. Et ass – an dat soen ech och riichter aus op dem Här Wolter seng Fro – an eisen Aen ze fréi gewiescht, fir elo schonn e Bilan ze maachen, mee et ass awer Zäit, fir de Bilan ze maachen an der Erwaardung, dass dës Moosnamen op den 30. Juni auslafen.

Dass dat eppes bewierkt huet, dat iwwerloossen ech jiddwerengem, an ech respektéiere jiddwerengem seng Meenung. Ech gesi just, dass dee Moment, wéi dës Moosname komm sinn, souwuel am besteeënde Bau wéi och am Neibau d'Zuelen an d'Luucht gaange sinn. An dat genau ab August 2024, wou mer iwwert dem Joer 2023 fir de jeeeweilige Mount louchen, souwuel bei den Neibaute wéi och bei de besteeënde Gebailechkeeten.

An ee Chiffer, deen awer signifikativ ass: Där sougenannter „Neibaute“ goufen eleng am Mount Dezember vum Joer 2024 316 aktéiert, 316 par rapport zu de 70, déi et waren an deem selwechten Zäitraum, nämlech Dezember, 2023. Mir sinn 2024 am Dezember souguer iwwert deenen 219 Unitéiten, déi aktéiert goufen am Joer 2022. Also si mer do wäit driwwer eraus!

Da wëll ech och soen, opgrond vun de Réckmeldungen, déi vun dem Bankesektor kommen, dass am véierten Trimester 2024 d'Immobiliekreditter, dat heescht déi Leit, déi Prête gemaach hunn, ëm 75 % am Joresverglach an d'Luucht gaange sinn. 75 %!

Da wëll ech och soen: De Statec ass jo e puermol beméit ginn. De Statec selwer schreift: „Les intentions d'achat d'un logement sont en effet en hausse depuis la mi-2024, une tendance qui se poursuit au début de l'année 2025.“ Duerfir hu mer an dem Projet de

loi dës Moosnamen ëm sechs Méint verlängert. An ech si frou iwwert déi Fraktiounen, déi Leit, déi hei hir Zoustëmmung zu dëser Verlängerung ginn.

Da wollt ech agoen op déi Saach vun dem Bëllegen Akt. Bon, ech soen dat elo haut nach eng Kéier hei riichter aus, ech hunn et e Samsdeg gesot: Ech sinn der Meenung, dass dee Pak, dee mer hunn, net iwwert den 30. Juni 2025 sollt verlängert ginn! An ech hunn och verspuert, opgrond vun deene verschiddeenen Interventiounen, déi haut waren, dass dat eng Meenung ass, déi largement an der Chamber gedeelt gëtt. Dat heescht, dee Pak hält den 30. Juni 2025 op.

Ech hunn och verspuert, dass e generelle Konsens do ass fir de Crédit d'impôt Bëllegen Akt, dat heescht dass et sollt verlängert ginn, dass déi Leit, déi fir d'éischt Kéier eng Immobilie erwerben, sief dat en Appartement oder en Haus, e Bëllegen Akt kréie mat engem Steierkredit vu 40.000 Euro de Moment. Dat heescht am Kloertext, dass en Akafspräis vu bis zu 571.000 Euro, en Akafspräis vun engem Neierwerb, enregistrementsfräi ass fir eng Persoun. A wann ech dat op zwou Persounen huelen, déi dat zesumme kafen, ass den Enregistrement fräi bis 1.142.000 Euro Akafspräis. Ech hu meerheetlech verspuert, dass dat sollt verlängert ginn.

Elo sot Der: „Majo wa mer dat hei elo stëmmen, da gëtt dat jo de facto net verlängert!“ Ech huelen duerfir am Numm vun der Regierung d'Engagement, wann dat de Wellen ass vun der Chamber, dass mer en neie Projet de loi maachen – onofhängeg vun deem heite Gesetz, wat jo dann haut, ginn ech der-vun aus, gestëmmt gëtt –, wou déi Moosnam verlängert gëtt, och iwwert den 30. Juni 2025 eraus. Mir müssen do e separate Projet de loi maachen. Den Zäitdruck ass och net esou grouss, well een dat och ka retroaktiv maachen. Gutt wier et, wa mer dat Signal krien, wann Dir dat als Chamber wëllt, fir dass mer dat och dann zäitlech bewerkstellige, fir dass dee Gesetzesprojet da virum dem 30. Juni kann an der Chamber gestëmmt ginn.

Ech soen och ganz kloer: Ech hu kee Problem domadder, wéi den Här Fayot dat argumentéiert huet, fir eng méi grouss Transparenz ze hunn. Wat ass d'Präisgestaltung? Wat bedeit et ... Dat rejoignéiert jo e bëssen dat, wat den Här Wolter och gefrot huet: Firwat sinn d'Präisser esou héich?

Da muss och op den Dësch kommen, firwat vläicht eng Rei vu Projeten zrëckgehele ginn. Vläicht, fir e Präis kënschtlech héichzehalen. Ech mengen, d'Allgemengheet, déi huet iwwer 18 Méint elo mat effentleche Suen duergehalen, fir e Motor erëm un d'Lafen ze kréien. Dee Motor, dee leeft, wann och net op vollen Touren. Mee dee Moment ass et och un der Privatswirtschaft, an do zielen ech d'Entrepreneuren derzou, ech zielen de gesamte Bausektor derzou, selwer vläicht ze hëllef, dass dee Motor erëm fest un d'Drëie kënnt.

A wa mer déi Transparenz wëllen hunn, an ech sinn och als Finanzminister derfir, Transparenz ze hunn, mee da müssen och d'Banken, oder vläicht anerer, déi méi Abléck hunn – si brauchen net d'perséinlech Dossierien ze hunn –, och vläicht eng Kéier soen, wéi déi Präisgestaltung ass. An da kann et net sinn, dass mer en nationale Problem hei hunn, wou vill Leit, an et ass richteg drop higeweise ginn, praktesch d'Hallschent vun hirem Akommes, dee se de Mount hunn, müssen huelen, fir hir Prëten zrëckzebezuelen, och wann d'Zësen nach erofgoungen. Da kann et och net sinn – dat ass op jidde Fall mäi Verständnis –, dass weider d'Allgemengheet muss duerhalen, fir do kënschtlech Margen an engem zweestellige Beräich ze erhalen, oft méi wéi 10 %.

Ech soen dat kloer als Finanzminister. Ech hätt dat vläicht net solle soen, mee ech mengen, dass dat am Interessi vun der Allgemengheet ass, an ech engagéiere mech och, dass mer an der Finanzkommis-sion – dat kann heiandsdo och à huis clos sinn – de Leit, déi Deputéiert sinn, dann déi Transparenz och schafen, dass mer dat och sollten hikréien.

Vun enger Faillite vun der Regierung géif ech net grad schwätzen. Dir hutt eigentlech indirekt d'Géigenargument gesot. Ech mengen, ech si frou, dass mer déi effentlech Finanzen, zumindest haut, an ech paken Holz un, eenegermoossen am Gläichgewicht hunn, an dass mer dorop sollten opbauen, fir dat och an Zukunft hinzukréien.

Ech gesinn, d'Zäit, déi ass elo eculéiert. Et ass awer e wichtege Debat. Ech soen duerfir jiddwerengem Merci, deen intervenéiert huet. Ech huelen dat äusserst seriö, wat gesot gouf, och dat, wat vun dem Här Wolter gesot gouf. Ech huelen dat äusserst seriö! Ech sinn der Meenung, dass d'Chamber zesumme mat der Regierung soll deen Input liwweren, fir dass op déi Froen zumindest d'Deputéiert sech hir eege Meenung faktebaséiert kënnen maachen an dass mer dann opgrond vun deenen neien Erkenntnisser am Juli oder an der noer Zäit no dem 30. Juni, dann hofentlech déi Moosnam, fir de Bëllegen Akt ze verlängeren, kënnen maachen. A sollt sech da vläicht déi eng oder aner nei Moosnam erginn opgrond vun deenen Erkenntnisser, déi mer kruten, sinn ech op jidde Fall als Finanzminister duerfir op.

Bon, dat war elo e bëssen iwwerzunn. Wann ech engem net op seng Froe geäntwert hunn, da stinn ech, Här President, nach gären zur Verfügung. Dir mussen mer just soen, ob ech nach Zäit hunn, fir dann duerno op d'Froen ze äntworten.

M. Claude Wiseler, Président | Elo kucke mer, dat eent nom aneren ze maachen. Éischters soen ech Iech elo Merci fir dat, wat Der bis elo gesot hutt.

An da gesinn ech, datt ech dräi Wuertmeldungen hunn. Den Här Fayot hat sech als Éischte gemellt, dann d'Madamm Tanson an duerno d'Madamm Lenert. An Dir hutt Iech jo bereet erkläert, op d'Froen ze äntworten, da maache mer dat elo. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Och merci dem Finanzminister fir seng Stellungnam zu deene verschiddeenen Froen. Ech muss soen, ech sinn agreabel iwwerrascht iwwert déi Ouverture, déi Der gemaach hutt, fir effektiv an d'Richtung ze goen, méi Transparenz ze schafen, wat d'Präisstruktur ugeet an dem Immobiliemarché. Ech mengen, dat ass eng Fro, déi mer eis scho laang stellen, net eréischt säit geschter.

Et si jo och eng Partie Etüde schonn do iwwert d'Konzentratioun vum Foncier, déi natierlech och eppes ze dinn hu mat där Réention foncière, déi Dir uschwätzt, soudass dat, mengen ech, eng gutt Iddi wär, fir weiderzecommen an deem Debat an och an der Analys dovun, firwat déi Präisdeierecht dann effektiv do ass.

Eng Fro vläicht, eng Nofro, ech hat dat a menger Interventioun soulevéiert: Wann elo déi Mesüeren auslafen den 30. Juni, hutt Der scho Reflexiounen, wat Der dann duerno maacht? Bon, do gëtt et natierlech verschidde Zenarien, wéi de Marché evoluéiert. Mee vläicht gëtt et jo och scho Gedanken iwwert dat, wat d'Regierung do wëlle huet ze ënnerhuelen, fir de Relais ze huele vun dësem Paquet u Mesüeren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Här Minister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech soen dem Här Fayot Merci fir seng Appreciatioun. Also,

éischtens engagieren ech mech, an dat kann ech maachen am Numm vun der Regierung, dee Bëllegen Akt vun 30.000 op 40.000 eropzefieren. De gesamte Pak gëtt net virugefouert, dass dat och vun Ufank u kloer ass.

Ech wëll och nach eng Kéier op dat hiweisen, wat d'Madamm Adehm gesot huet. Alleguerten déi Leit, déi elo spekuléieren: „Wat maachen ech mat dem Verkaf vu menger Immobilie?“ Wa mer de Pak net weiderfieren, hu se all Avantage, virun dem 30. Juni ze verkafen, well si huet mat Recht drop higewisen, dass wa se zum Beispill den 1. August verkafen, dann de vollen Taux op der Plus-value, also de Meerwäert vun 42 % spilt, 42 %, wa se se net méi wéi fënnf Joer gehalen hunn. Well och dat ass an der Moossnam. An et sollt och, mengen ech, richtig sinn, dass dat op der Chambertribün eng Kéier vun dem Minister selwer prezisiert gëtt, fir dass d'Leit genau wëssen, wou se dru sinn.

Fir op dem Här Fayot seng Fro ze äntworten. Selbstverständlech hu mer net um Niveau vun ... Bon, mir sinn um Niveau vun eise Departement, de Finanzen, zesumme mat dem Enregistrement amgaangen ze préieren, wéi mer kënnen steierlech begleeden – ech weess och net, ob mer do eng Léisung fannen –, dass Leit, déi wëllen e Bau héichzéien, dee Bau héichzéien, ouni dass se en Acquéreur hunn. Well et si Promoteuren, déi dat wëllen an och kënnen maachen. A well se domadder fäerdeg Gebailechkeete schafen, ass do jo och den Interessi – well d'Offer gëtt doduerch méi grouss –, wéi een dat ka steierlech begleeden. Well haut ass et esou – ech gesinn e fréieren Enregistrementsbeamten, Minister a fréiere Chamberspräsident do setzen –, dass Der den Taux super-réduit vun der TVA mat 3 % just kritt als Primo-acquéreur vun enger Wunneng, wou nach keen dra war. An et muss ee kucken, wéi een eventuell dee System kéint ajustieren, fir dass fir een, dee gewëllt ass, loosse mer soen, en Appartementshaus héichzéien, ouni dass en Acquéreur huet, an där gëtt et der, do net deen Avantage ewechfällt.

Ech ka keng ofschléissend Meenung dozou ginn, well, Här Fayot, wéi Der richteg gesot hutt, an der vir- oder preelektoraler Campagne, do spilt dee Kreditt vun deene 50.000 Euro, de Steierkredit TVA vu 50.000 Euro. An Dir wësst selwer, dass mer dat net kënnen aleng maachen. Mir musse kucken, wat Bréssel dozou seet.

Ech wëll also net, dass dee gesamte System op d'Kopp geet, mee ech wier frou, wa mer kéinten eng Léisung fannen, fir deem dote Phänomeen entgéintzekommen, nämlech dass e Promoteur kann héichzéien, ouni dass déi, déi herno kafen, géife penalisiert ginn, well schonn eng Kéier, loosse mer soen, e Locataire dra gewunnt hätt an dee Locataire géif sech vläicht an zwee, dräi Joer decidieren, fir dat dann ze kafen. Dat ass also eng weider Pist.

Mee ech soen ofschléissend, ech engagiere mech awer, dass mer mat den eenzelne Pisten och an d'Finanzkommissioun kommen. An da seet d'Finanzkommissioun, ob se déi gutt oder net gutt fënnt, ier mer dat an en definitive Gesetzesprojekt coulieren. Firwat? Well den Avantage bei der TVA deen ass, dat wësst Der, dass mer och kënnen réckwierkend epees maachen. Dat heescht, och wann esou e Projet eréischt géif am Hierscht gestëmmt ginn, da kéint dee réckwierkend op den 1. Juli asprangen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci. Fir d'éischt emol merci fir déi ganz kloer Wierder, Här Minister. Ech fannen dat extreem wichteg, well et och e Message ass fir déi Aktioun, déi Der maacht, op där

enger Säit. Ech mengen, dat war e bëssen d'Essenz vun deem, wat ech gesot hunn: Et geet net just duer, an eng Richtung ze schaffen. Et muss een och déi an d'Verantwortung zéien, fir déi Der elo an déi Richtung geschafft hutt. An dat, wat Der elo gesot hutt, dat ass extreem wichteg. Soudatt d'Fro natierlech hannendrun ass: Wat, nieft deem Volet vun der Transparenz, geschitt nach?

An ech hat eeben d'Fro gestallt, wat elo mat deenen Texter ass, déi och nach virleien, vun der Grondsteuer, vun der Mobiliséierungssteuer an esou weider. Do wier ech wierklech interesséiert ze héieren, a wéi eng Richtung dass et do geet.

An och d'Fro, déi ech gestallt hat, wéi et mat deem SPV wier ... Dat war jo kee ganz grouss Succès bis elo – déi lescht Zuelen, déi mer haten –, well dat weist jo och, inwéifern dee Marché sech redynamisiert.

Ech denken och, dass Der Recht hutt, wann Der sot, dass een hei ka viles dran eraninterpretieren, wat elo gewierkt huet: D'Zënsbaissen, déi sinn e bësse parallel gelaf mat deem Mesürepak. Wann een allerdéngs d'Chiffere kuckt, déi de Statec publiziert huet, da gesäit ee ganz gutt, dass um Existant de Marché erëm um selwechten Niveau ass wéi 2017 bis 2021.

Allerdéngs, bei de VEFAen ass e fir dat lescht Trimester vum leschte Joer nach ëmmer op der Hallschent vun där Period, wat jo weist, dass d'Leit zwar wëlle kafen an och vun de Banken erëm déi Kreditter kréien duerch déi méi niddreg Zënsen, mee dass sech awer d'Präisser bei de VEFAen – déi si jo bei de VEFAen och bedeiend manner erofgaange wéi bei dem Rescht – einfach net dem Marché ugepasst hunn no ënnen.

Dofir begrëssen ech dat wierklech, wat Der elo an Aussicht gestallt hutt, an ech freeë mech dann och op déi Finanzkommissioun.

M. Claude Wiseler, Président | Här Minister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci der Madamm Tanson och fir hir Argumentatioun. Effektiv krut ech a menger Zäit déi zwou wichteg Froen, déi Der gestallt hutt, net beäntwert.

Éischtens, de Projet Grondsteuer-Mobiliséierungssteuer ass de Follow-up vun deem, wat ënnert der fréierer Regierung bei der Inneministesch, der Madamm Bofferding, war. D'Regierung, an dat steet och am Regierungssaccord, wëllt op deenen Aarbechten, déi do waren, déi vun dem Staatsrot begutacht gi sinn, weidermaachen, sou dass souwuel d'Grondsteuer wéi och d'Mobiliséierungssteuer an alles, wat do drun hänkt, och soll applizéiert ginn.

Wat de Finanzministère ubelaangt, vu dass et e Projet vum Inneministère ass ... Mee ech kann awer déi global Zich soen.

Éischtens wëlle mer, dass dat geschitt, an do ass och en Deel Gerechtegkeet zwëschen Besteuerung vum Kapital a Besteuerung vum Loun dran. Wann ee sechs Hektar am Perimeeter leien huet an et mengt een, et misst een dat just méinen, da sinn ech der Meenung, dass et eng Gerechtegkeet ass, dass dat och appropriéiert besteiert gëtt ...

Une voix | Ganz gutt!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | ... par rapport zu deene Leit, déi all Mount géint Loun a Gehalt schaffe ginn. Dat ass meng fundamental Iwwerzeegung, an ech mengen, ech stinn net eleng do.

Den zweete Punkt ass deen, dass an deem Sënn mussen technesch Viraarbechte gelescht ginn, wat de Follow-up ass vun deem, wat d'Madamm Bofferding an d'Weeër geleet hat, nämlech dass mer

de Kadaster mussen esou ekipieren, dass deen all déi Donnéeë recensiert. Déi sinn de Moment amgaangen. Si schaffen och op Héichtouren. Ech hunn hinnen och am Ufank vun der Woch kloer gesot, dass dem Finanzministère säi Budget géif spillen, wa se do missten zousätzlech Expertis hunn, also technesch Expertis, sief et och informatesch Zouschaffer, fir dass dat do schnell geschitt.

Den zweete Punkt ass deen, dass mer d'Gesetzgebung och mussen deementspriedend adaptieren um Niveau vun dem Dateschutz, dass natierlech déi Donnéeën, déi de Kadaster recensiert, och kënnen um d'Steierverwaltung weidergi ginn, well do muss eng gesetzlech Basis do sinn, well soss seet een: „Majo, wéi kommt Dir un déi Donnéeën?“ Dat maache mer also alles.

An den drëtten Punkt ass deen, dass dee Projet do an dem Regierungsprogramm steet. Ech wäert op jidde Fall derfir suergen, dass deene Verwaltungen, déi dem Finanzministère rattachéiert sinn – dat ass d'Steierverwaltung, dat ass zum Deel den Enregistrement an dat ass och d'Kadasterverwaltung –, all deen techneschen Knowhow zur Verfügung steet, fir dass dat esou schnell wéi méiglech ka goen, well dat war en Engagement vun dëser Regierung, an dass, wann do zousätzlech extern Prestatairë, Genre Support informatique oder autre, muss geholl ginn, dat ka gemaach ginn.

Ech hunn och selwer den Direkter vun der Kadasterverwaltung gefrot, an ech maachen dat selwecht bei dem Direkter vun der Steierverwaltung, dass si als Beamten, als Responsabel vun deenen zoustännege Verwaltungen, an d'Chamber, an d'Finanzkommissioun kommen, fir Iech e Bericht ze maachen, wou déi Aarbechten dru sinn. Ech hunn hinnen en Delai gesat, dass se missten ofgeschloss sinn – ech weess, dass dat sportlech ass – bis spéitstens Enn vun dësem Joer.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Dann hunn ech nach eng Wuertmeldung vun der Madamm ...

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Pardon, ech hunn nach epees. Entschëllegt.

M. Claude Wiseler, Président | Nee, dat ass ...

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Déi zweet Fro ass de Prolog. Ech hunn dat hei a mengen Donnéeë stoen. Also bis dato wieren acht Demanden (veuillez lire: dräi Demanden) eragereecht gi bei deem Prolog, wou da kéinten Ennerstützungsmaassname gemaach gi géintiwwer deene Promoteuren, déi wëllen hir Appartementshaier oder Residencë verkafen. Also acht (veuillez lire: dräi).

M. Claude Wiseler, Président | Ech mengen, dat waren awer elo all d'Froen vun der Madamm Tanson. Dann hunn ech nach zwou Wuertmeldungen: d'Madamm Lenert an duerno den Här Wolter. Madamm Lenert.

Mme Paulette Lenert (LSAP) | Merci, Här President. Meng Froe sinn zum gréissten Deel beäntwert. Ech begrëssen ausdrécklech déi oppen Haltung vusäite vum Finanzminister. Ech mengen, déi Transparenz, dat ass dat, wat mer brauchen, wa mer wëllen un d'Wuerzel vum Problem goen. Dat ass d'Präsideirecht. Mir brauchen Transparenz. Mir musse verstoen, wéi dat zustane kënn.

Ech mengen, mir wëssen och, dass déi Mesüren, déi en place sinn – an ech si frou ze héieren, dass déi definitiv temporär wäerte sinn – wuel d'Demande an d'Luucht driewen, mee dass se awer méi wéi warscheinlech och d'Präisser wäerten héich halen an erëm an d'Luucht driewen, wat mer net wëllen, wat en Effet pervers dovunner ass.

Ech hätt nach eng kleng Zousazfro just zu dem SPV. Dir sot „aacht Demanden“. Heescht dat, dass vun deenen aacht Dossieren nach keen zu eppes geféiert huet? Oder wéi verstinn ech d'Prézisioun, dass et just Demandé sinn à ce stade?

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Also, Dir wësst, ...

Mme Paulette Lenert (LSAP) | De Rescht kënnt Der absolutt op eis zielen, fir drop ze schaffen.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | ... dass et fënnf Banke sinn. Dat ass: d'Spuerkeess, d'BIL, d'Banque Raiffeisen, d'SNCI, also eis national Kreditgesellschaft, an d'Banque de Luxembourg. Déi Projeten, déi aacht Demanden (veuillez lire: déi dräi Demanden), déi si gestallt ginn an déi sinn och vum Verwaltsrot vum Prolog akzeptéiert ginn (veuillez lire: an déi sinn an der Analys). Wou genau déi Ofwécklung drun ass, dat, mengen ech, fält souguer zum Deel ënnert d'Bankgeheimnis. Ech hunn op jidde Fall keng Kenntnis dovunner, wou déi Demandé genau dru sinn. Se sinn allen aacht (veuillez lire: allen dräi) akzeptéiert ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Här Wolter.

M. Michel Wolter (CSV) | Jo, Här Finanzminister, och vu menger Sait soen ech Iech Merci fir déi Äntwerten, déi Der ginn hutt. Ech bleiwe bei deem, wat ech virdru gesot hunn: Ech halen net ganz vill vu Pauschalisierung an deem heiten Dossier: déi béis Propriétaires, déi béis Promoteuren, déi béis Constructeurs, déi béis Ministären an esou weider an esou fort. Mee wa mer iwwer Transparenz schwätzen, da solle mer net nëmmen iwwer eng Transparenz schwätzen à l'intérieur du pays, mee mir sollen och iwwer eng Transparenz schwätze fir ze kucken, e Benchmark ze maache mat eisen Nopeschlänner.

Wa mir Zéngtausende vu Lëtzebuerger hunn, déi an d'Ausland wunne ginn, well se do zu anere Konditiounen hir Haiser kënnen kafen, da géif ech gär wëssen: Wéi ass dat méiglech? Wéi ass dat méiglech um Niveau vum Terrain? Wéi ass dat méiglech um Niveau vum Constructioun? Wéi ass dat méiglech um Niveau vum Promoteur an deem sengem Benefiss? Wéi ass dat méiglech um Niveau vun den Normen, déi mer de Leit imposéieren, ënner wat fir enge Konditiounen datt se kënnen bauen oder net?

Ech weess net, ob ech mech elo un Iech muss wenden oder un d'Chamber. Ech hat scho mam President vun der Chamber dës Deeg doriwwer rieds. Ech géif nach eng Kéier meng Fro stellen – ech maachen elo keng Motioun doriwwer –, dass mer e Benchmark géife maachen tëschent Lëtzebuerg ...

(Interruption)

... an dem Ausland fir ze kucken: Wat sinn déi eenzel Elementer vum Präis? Wéi setzt sech de Präis zesummen an deenen eenzelne Länner? A wat sinn d'Konditiounen, déi s de muss erfüllen an deenen engen oder an deenen anere Länner, fir zu Dengem ze kommen?

Ech mengen, dass dat den „A und O“ ass, fir iwwerhaupt iergendwann eng Kéier zu enger normal transparenter Diskussioun an deem doten Dossier ze kommen.

M. Claude Wiseler, Président | Här Minister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här Wolter, fir déi Suggestioun. An ech ginn Iech och eng kloer Äntwert: Ech kann net decidéiere fir all déi aner Ministeren, déi implizéiert sinn, mee, ech mengen, d'Regierung wier gutt, wa se dat do géif ophuelen. An ech hunn elo kuerz Récksprooch gehat mat dem President. Ech mengen, deen einfachste Wee ass deen – ech hu lo kee gesinn, deen hei dergéint wier –, dass

de Chamberpresident, wéi dat Usus ass an esou Saachen, en offizielle Bréif un de Premier schéckt an dass dann all déi Ministeren, déi concernéiert sinn, fir hire Beräich déi néideg Donnéeën liwweren.

Dir hutt e richteg Punkt gemaach: Et ass engem Land net gutt, wann d'Leit an d'Ausland wunne ginn. Jiddwereen ass natierlech do fräi ze decidéieren, wou e wëllt wunne goen, mee de Choix vun de Leit, déi Sait de Grenze vun eisem Land wunnen ze goen, deen ass natierlech oft vu finanzielle Ressourceméiglechkeete gedriwwen. Dat ass net gutt.

An Dir wësst grad esou gutt wéi ech, dass d'Land net fonctionéiert, wa mer net déi néideg Leit hunn, fir an alle Beräicher – an alle Beräicher! –, an dat ass net nëmmen de Finanzsektor, ze schaffen. Duerfir ass dat do eng Fro, déi, mengen ech, eng Chamber generell interesséiert, och am Kontext vun engem Debat. An d'Fro geet doriwwer eraus, mengen ech, souguer un déi gesamt Groussregioun. Well et ass e Problem, dee sech och do stellt.

Op jidde Fall, déi Donnéeën, déi mir kënnen aus dem Finanzministère liwweren, zesumme mat de Verwaltungen, déi ugeschloss ginn: Selbstverständlech soll och do déi Transparenz spillen. An ech ginn och derun aus, dass bei all deenen anere Regierungskolleegen, déi betraff sinn, déi selwecht Transparenz wäert spillen.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister.

Fir elo Uerdnung an déi Propositionen ze kréien, wollt ech proposéieren, datt ech déi Proposition, déi elo gemaach ginn ass, an der Conférence des Présidents op den Ordre du jour setzen a mer do d'Decisioun huelen, wéi mer dat maachen, fir et widerzeschécken.

Voilà. Domat, mengen ech, wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Dann hu mer niewent dem Vott zwou Saachen: Dat Éischt ass, datt e Vote séparé op engem Artikel gefrot ass, an duerno nach d'Motioun vum Här Franz Fayot.

Ech géif also elo proposéieren, datt mer fir d'Éischt no der Prozedur de Vote séparé huelen. Dat ass e Vote séparé, wou den Artikel 48 vum Chambersreglement geltend gemaach gëtt. Et gëtt gefrot, e Vote séparé iwwert den Artikel 6 ze maachen. Mir mussen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmme.

An d'selwecht wéi virdru stellen ech d'Fro: Wien d'accord ass mat dem Artikel, esou wéi en am Gesetzesprojet virgesinn ass, dee stëmmt mat Jo. Wien géint deen Artikel, esou wéi en am Gesetz virgesinn ass, dee stëmmt mat Nee.

(Interruptions)

An do maachen ech... Ass et kloer? Ech gesinn hei Interrogation... Ech kann et nach eng Kéier ganz gär widerhuelen: Also, wie mam Text d'accord ass, esou wéi en am Projet steet, dee stëmmt mat Oui. A wie mam deem Text net d'accord ass, esou wéi en am Projet steet, dee stëmmt mat Nee. Ech wëll just soen: Et ass d'selwecht wéi virdru.

(Hilarité)

Une voix | Jo.

Une autre voix | Selbstverständlech.

Vote séparé sur l'article 6 du projet de loi 8470

M. Claude Wiseler, Président | Da maachen ech de Vott op, wann dat alles kloer ass. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 60 Stëmme. Domat wier deen Artikel, esou wéi en am Text steet, dann ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par Mme Stéphanie Weydert), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Georges Engel), Liz Braz, Francine Closener (par Mme Liz Braz), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da komme mer zu dem Vott iwwert de Projet de loi selwer, vum gesamte Projet de loi. Den Text steet am Document parlementaire 8470⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8470 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo-Stëmme: 42, Nee-Stëmme: 18, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 42 Jo-Stëmme bei 18 Nee-Stëmme an ouni Abstentioun ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par Mme Stéphanie Weydert), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Ben Polidori), Liz Braz, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Motion 1

Dann ass, wéi gesot, nach zum Schluss vun dësem Punkt eng Motioun vum Här Franz Fayot hei deposéiert ginn. Här Fayot, wëllt Dir direkt nach eppes driwwer soen? Dir wëllt duerno eppes driwwer soen. Wie mellst sech zu Wuert? D'Madamm Adehm, den Här Goldschmidt, gesinn ech elo. Madamm Adehm, da fänt Dir un.

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Jo, merci, Här President. Ech mengen, mir haten elo eng ganz gutt, konstruktiv an interessant Diskussioun hei. An duerfir géife mir proposéieren, wann d'LSAP respektiv den Här Fayot domadder d'accord ass, déi heite Motioun an d'Kommissioun ze huelen an dann do eis Diskussiounen weiderzeféieren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm. Här Goldschmidt.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Merci, Här President. Ech hu mer déi Motioun ugekuckt, also alles am Detail duerchgelies, an och vill nogelauschert, wat alles gesot ginn ass. An effektiv sinn ech e bëssen iwwerrascht iwwert déi Tournure, wou mer hei diskutéiert hunn. Dofir sinn ech a sech immens frou, dass déi honorabel Deputéiert Liz Braz gëschter iwwert d'Éducation financière geschwat huet, well ech mengen déi wär effektiv nach fir verschidde Leit heibannen och extreem wichteg.

(Brouhaha)

Entschëllegt, dass ech dat soen. Haaptsächlech ... hei sinn dräi Tirete beim Invite do. Deen éischten Tired fuerdert, dass déi Mesüuren net weidergefuert ginn. Ech mengen, mir decidéiere jo haut, dass se bis den 30. Juni sinn, dat heescht mir hunn ni driwwer geschwat, dass se solle weidergefuert ginn.

(Brouhaha)

An dat, wat an der Kommissioun geschwat gi war, da muss ech dat elo och hei preziséieren: Do war net eng Opposition formelle, mee e Commentaire vum Staatsrot, dee gesot huet, dass mer eeben eng Annualitéit hunn am Gesetz, déi am Gesetzbuch steet, am Steiergesetz, a gesot huet, firwat dat net fir d'ganz Joer wär. Méi war et net. An do hunn ech déi Fro opgeworf an Zuele gefrot, déi mer dee Moment net geliwwert kritt hunn. Mee duerno huet de Statec jo Zuelen erausginn. An do hu mer gesot, dat kann ee jo dann duerno kucken. Dofir ass den éischten Tired a mengen Aen, vu dass mer hei nëmme bis den 30. Juni stëmmen, net wichteg.

Den zweeten Tired, do huet de Minister jo gesot, mat, mengen ech, enger breeder Zoustëmmung, dass d'Regierung wäert proposéieren, op 40.000 eropzuegoen. Domat si mir jo och alleguerten averstanen.

An de véierte Punkt mat der Transparenz: Ech hunn dat net richteg verstanen. Well wann e Privatmann oder wien och ëmmer en Appartement, dat schon existéiert, verkeeft, gëtt en e Präis un, da gëtt verhandelt an da kënnt e Präis eraus. Wouhier soll den dann do wëssen, wat d'Acquisitiounskäschte sinn, also wat d'Baukäschte sinn, wat d'Terrainspräisser sinn? Wat d'VEFA ugeet, do misst Der alleguerte wëssen, dass an der VEFA ganz kloer d'Terrainspräisser separéiert sinn an d'Konstruktionspräisser mat deene verschiddene Prozentsätz, wéini wat ze bezuelen ass. Dofir hunn ech dat doten elo net verstanen. Mee awer fir méi Transparenz kann ee roueg sinn.

An d'Stad Lëtzebuerg, fir dat awer och nach ze soen, wa mir e VEFA-Projet kafen, da schaffe mir do à livre

ouvert. Da mussen déi Leit, déi eis wëllen e VEFA-Projet verkafen, eis soen, wat se fir hiren Terrain bezuelt hunn. Dat ass schon emol den éischte Punkt. A mir hunn do net wëllen, Präisdeierecht ze hunn. A mir hunn eis e Maximumpräis ginn, dee mer souwuel op der Constructioun wéi awer och um Foncier wëlle bezuelen. Natierlech kann een do méi Transparenz froen. Mee et ass en Ënnerscheed, wann een en Terrain vun 1990 un huet an e Prix d'acquisition huet an ee vun 2020. An dat ass e bëssen e grouse Problem, dass een Deel vun de Promoteuren, déi haut um Marché sinn, ze héich kaf hunn an net bereet sinn, mam Präis erofzuegoen. Natierlech ass et weeder un der Regierung nach un der Chamber, deene Promoteuren ze hëllefen.

An dann e leschte Punkt, wou ech och net averstane si mat Ärem Considerant. Ech si schon averstanen, wann Der Primo-acquéreur wëllt ënnerstëtzen. Ech wëll Iech just soen, dass mer e Land sinn, wou mer extreem vill Proprietären hunn. Vill méi wéi an anere Länner. An dat ass och schon hei an aner Debatte gesot ginn, dass mer vill méi Locatiounsmarché brauchen.

Mee wann ee Locatiounsmarché seet, da brauch een och Investisseuren. An dee Kredit do vun 20.000 Euro, deen ass net fir Promoteure geduecht, well e gëllt op engem Objet. Wat sollen dann do d'Promoteuren? Mee wann der d'Zuele gutt analyséiert hutt, déi mer all Trimester vum Minister presentéiert kréien iwwert d'Retenue à la source vun den Zësen, déi bei Milliounen läit, an dat héichrechent, dann hu mer op de Konten hei zu Lëtzebuerg iwwer 20 Milliarden leien. An et geet drëms, de Leit eng Méiglechkeet ze ginn oder se ze incitéieren, an eng Immobilie ze investéieren, een Objet – dat kënne Leit heibanne sinn, déi een Objet kafen –, fir deen an d'Locatioun ze ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Här Goldschmidt, Dir misst zum Schluss kommen, wannechgelift.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Mir hu keng Investisseuren. An dofir ass meng Proposition, fir déi dote Motioun ..., well a sech a mengen Aen déi zwee éischt Tirete sans objet sinn an deen drëtten, dee kann ech net deelen ... Dofir sinn ech emol der Meenung, dass ee se doriwwer net brauch an d'Kommissioun verweisen. Da géif ech proposéieren, déi net unzuhuelen, vu dass den ...

(Interruptions)

Jo, ech soe just meng Propos hei.

M. Sven Clement (Piraten) | Dat ass déi Demokratie, vun där mer virdru geschwat hunn.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Dat ass jo och ok, mee wann ech hei gefrot ginn, eppes dozou ze soen, dann erlaabt mer, ...

M. Claude Wiseler, Président | Ok.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | ... meng Analys esou ze soen, wéi ech dat hunn, zumools well och de Minister jo proposéiert huet, déi ganz Analys ze maachen, wéi den Här Wolter gefrot huet. An da kann een an deem Kader doriwwer diskutéieren.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goldschmidt. Dann hunn ech zwou Wuertmeldungen. Dat sinn den Här Wagner an d'Madamm Tanson. Här Wagner, et ass un Iech.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Mat esou engem Koalitiounspartner ...

(Hilarité)

... brauch ee bal kee Koalitiounseind, oder ech weess net, mee et ass och richteg. Ech fannen et awer fir

eng Kéier emol erfrëschend, datt och all Fraktioun emol seet, wéi se dat gesäit. Also ech fannen dat guer net esou problematesch.

(Interruption par M. Claude Haagen)

Wéi?

(Interruption)

Jo, et ass den Här Goldschmidt. Et ass net d'DP-Fraktioun.

M. Claude Wiseler, Président | Elo loosst den Här Wagner schwätzen, wannechgelift.

(Interruption)

M. David Wagner (déi Lénk) | Ech fannen awer d'Argumentatioun vum Här Goldschmidt relativ problematesch, zemoos wann en u sech seet, bon, d'Formatioun vun de Präisser, dat wieren eeben d'Präisser. Et gëtt e Präis proposéiert a quasi ... Also et ass relativ simplistes erkläert ginn elo deelweis vum Här Goldschmidt. An ech menge schon, datt mer mussen an déi Richtung goe fir ze wëssen ... Also et geet jo e bëssen an déi selwecht Richtung wéi dat, wat och den Här Minister proposéiert huet opgrond vun der Propos vum Här Wolter: ze kucken, wéi d'Präisser sech forméieren. Et ass jo och elo keen absolutt Geheimnis. Dat ass jo net, wéi wann et net doriwwer gefuerscht gi wier. Dat wësse mer jo all. An ech mengen och, an deene Fro misst den Observateur de l'habitat absolutment mat involvéiert sinn, well zënter Jore wësse mer, datt d'Konzentratioun – dorëms geet et jo –, déi extreem Konzentratioun an e puer Hänn, an e puer Societäten, vum Buedem zum Beispill, evidenterweis zur Surcharge vun de Präisser an där Branche bäidréit. Dat ass ee vun de groussen Aspekter. Mee mir kënnen doriwwer diskutéieren.

A mir sinn och der Meenung, datt déi heite Motioun awer wäertvoll ass a soll an der Kommissioun diskutéiert ginn. Dat ass d'Meenung vun déi Lénk a vun engem groussen Deel vun der Opposition. Gitt Iech eens. Ech mengen, Dir kritt dat och nach hin.

(Interruption)

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, also, Här Goldschmidt, Dir ...

(Interruption et hilarité)

Nee, nee, nee, ech kann Iech elo net aus dem Spill loossten, well Der iergendwéi eis hei erkläert, mir missten eis all nach eng Kéier emol enger Education financière ënnerzéien. Ech weess jo, wat Ären Unisdiplom ass. Dat heescht, Dir hutt se hannert Iech, an ech hunn awer elo wierklech net verstanen, wat Der eis wollt soe mat Ären Erklärungen.

(Interruption et hilarité)

Jo, jo, genau, et läit warscheinlech u mir, net um Här Goldschmidt, natierlech.

(Hilarité)

Also fir d'éischt emol nach eng Kéier zum Kontext. Dir hutt wuel an der Kommissioun déi Fro vun der Verlängerung opbruecht. Dir hutt se awer och nach eng Kéier hei virbruecht, just als kleng Rapport. Dat war elo net just ...

(Interruption par M. Patrick Goldschmidt)

Jo, jo, dat war net just an der Kommissioun.

Zum Prinzip vum der Motioun: Ech fannen déi absolutt positiv, déi Motioun. An et ass jo net, well elo an der Sëtzung de Minister seet, dass e mat all

deem d'accord ass, dass dat da superfetatoire ass. Au contraire. En huet seng Positioun zu där Motioun erkläert. Ech denken, dass dat éischter ënnermauert, dass mer dofir entweder elo solle stëmmen oder se mat an d'Kommissioun sollen huelen, fir vläicht den Detail, zemools bei deem leschten Tiret, nach eng Kéier ze diskutéieren.

Wou ech Är Ried awer elo wierklech net novollzéie konnt, dat war bei der Transparenz vun de Präisser, well Dir hutt eis gesot: „Jo, mee déi wësse guer net, wéi déi Präisser zustane kommen“, an enger éischter Phas. Herno hutt Der gesot: „Jo, mee dat si jo dann Terrainen, déi sinn 1990 kaf ginn.“ Jo, eebe grad, dat ass jo grad de Problem. Dat sinn zum Deel Terrainen, déi scho relativ laang kaf gi sinn, wou ee genau weess, wat se kascht hunn, wou et also guer keng Explikatioun, guer keng Ursach ka ginn herno, fir dann de Präis esou héich ze halen. Well de Statec huet eis dat jo elo nach ganz kierzlech virgeluecht. Dir gesitt ganz gutt, wéi d'Präisser erofginn am Existant. An Dir gesitt, dass se bei de VEFAe just ëm 7 % erofginn. An dat si jo net alles Terrainen, déi elo eréischt rezentenweises zu engem ze héije Präis kaf gi sinn. A wann dat sou wär, ma tant mieux, dann ass do jo grad déi Transparenz, déi hei gefrot gëtt a wou och de Minister der Meenung ass, dass se wichteg ass, well e gesot huet, d'Regierung hätt elo esou vill gemaach. Mir wëllen och elo gär gesinn, dass um Niveau vun de Promoteuren och eppes geschitt. Dat heescht et ass wichteg, dass ee weess, firwat déi Präisser nach esou héich sinn. Vlächet gëtt et jo gutt Erklärungen. Mee wann et déi net gëtt, dann ass et genauso wichteg, dass mer och wëssen, wisou et se net gëtt.

An zu deem leschte Punkt: De Problem, dee mer hu mat deenen héijen Immobiliepräisser zu Lëtzebuerg – an dat ass scho ganz vill kommentéiert a beschriwwen ginn –, dat ass awer grad zum Deel, well sou vill an de Steen och investéiert gëtt, well de Steen en Invest ass a well mer vill méi Privatwunnengen um Marché hu wéi mer ëffentlech Wunnengen um Marché hunn a well d'Privatwunnengen nun emol zu engem méi héije Marchépräis verlount gi wéi wann elo ëffentlech Wunnenge géifen zu engem abordablen Tarif verlount ginn. An duerfir huet dat natierlech en Impakt, wa mer dat weider a weider ënnerstëtzen, déi Leit, déi sech souwiesou nach kënnen eppes kafe fir ze investéieren, wa mer dat nach weider féerden. Dofir verstinn ech déi Remark och net, mee ech waarden dann op d'Éducation financière, déi mer dann alleguerten nach eng Kéier wäerte kréien.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Ech weess awer net, ob mer déi haut bis zum Schluss féieren.

(Hilarité)

Nee, mee ech hunn elo nach eng Wuertmeldung vum Här Keup an da kritt den Här Goldschmidt nach ganz kuerz d'Wuert. An da kucke mer, zum Schluss hei ze kommen. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, merci, Här President.

(Brouhaha)

Ech hu mech och elo gefrot, wat esou witzeg war un der Interventioun vum Här Goldschmidt, well ech hu mer dat ugelauschert an dat deckt sech am Fong mat deem, wat ech och aus der Motioun erausgelies hunn an dat ass ganz realistesch an et ass esou, wéi hien et gesot huet an ech ginn em do honnertprozenteg Recht. Duerfir verstinn ech net an ech kann dat net deelen, dass een doriwwer laacht oder dat iergendwéi esou komesch duerstellt.

(Interruption)

Dann, wat interessant war beim Här Wagner ... Just e klengen Detail, mee eigentlech ass et jo esou: Ob dat

lo an d'Kommissioun verweisen oder hei mat Nee gestëmmt gëtt, kënn, soe mer mol, plus minus op dat selwecht eraus.

(Interruptions)

Déi aner Saach ass vlächet déi nach: Et ass elo méi allgemeng geschwat ginn hei vun de Grënn, firwat dass d'Immobilien, d'Wunnengen hei zu Lëtzebuerg esou deier sinn. An et ass jo kloer, dass wann d'Zënse lo erofginn, da ginn d'Immobilien erëm méi deier. Dat ass jo evident. An et ass jo ganz einfach, Madamm Tanson, et si jo net nëmme Promoteuren, déi Haiser verkafen, mee och eenzel Persounen. An evidenteweis ass all Persoun, déi hei am Land eng Wunneng besëtzt, drun interesséiert, wa se déi verkeeft, dee maximale Präis erauszeschloen. A vu dass ganz vill Leit Besëtzer sinn, wëlle se natierlech, dass d'Präisser vun hirer Wunneng héich bleiwen. Dat ass jo d'Evidenz. Jiddweree weess et jo, mee et gëtt awer hei net ëmmer esou kloer an daitlech gesot. Duerfir wollt ech dat och emol eng Kéier soen: Déi meescht Leit hunn en Interêt drun – ech bewäerten dat elo net –, dass d'Wunnengspräisser héich sinn hei am Land. Sou.

An dee leschte Punkt, deen ech nach wollt nennen, dat sinn d'Grënn. Mir kënnen soen, d'Spekulante wiere schold an d'Promoteure wiere schold an hei an do. Mir dierfen awer ni vergiessen: Mir liewen an engem Land, wou en enorme Wuesstem war déi lescht Joerzénge, wou immens vill Aarbechtsplaze geschaf ginn, vill méi, wéi mir hei kënnen besetzen.

(Interruption)

Gutt fir d'Économie. Gutt fir de Pensioonsystem, och wann et net laangfristeg wäert fonctionéieren. Dat wësse mer och. Mee de Problem ass natierlech: Wann Dir all Joer 10.000, 15.000 méi Leit an d'Land erakritt, da sinn iergendwann evidenteweis d'Wunnengen net méi do. Dat ass jo de Problem. Well de Problem ass jo de massive Bevëlkerungswuesstem, deen derzou féiert, dass d'Demande ze staark gëtt. An et ass vill gebaut ginn an de leschten 10, 20 Joren hei am Land. Dir braucht just ronderëmzufueren. Dir gesitt iwwerall Kranen, iwwerall Neibauten, mol méi schéin, mol manner schéin. Et ass immens vill gebaut ginn. Dat heescht, d'Offer ass am Fong scho fir e Land wéi Lëtzebuerg do, mee d'Demande ass einfach ze héich an d'Demande ass einfach ze héich wéinst deem staarken Bevëlkerungswuesstem. An dat ass de Modell, wou mer jo riiht an d'Mauer rennen an dat eeben och bei den Immobiliepräisser.

Merci.

M. Dan Hardy (ADR) | Ganz gutt!

M. Tom Weidig (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. An elo zum Schluss, well en ugeschwat ginn ass, nach eng Kéier ganz kuerz den Här Goldschmidt. Mee ganz kuerz, Här Goldschmidt, well Dir hutt schoonn e laangen Exposé virdru gehalen. Dir hutt d'Wuert.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Merci, Här President. Ech wäert et och kuerz maachen a méi prezis maachen, well et war warscheinlech virdrun net esou prezis. An deem leschten Tiret vum Här Fayot steet: „sur la formation des prix dans les ventes immobilières“, an ech wollt do just soen, dass dat, wann et nëmme fir d'VEFA ass, ok ass, mee dass, wann et am Existant ass, et extreem schwéier ass, fir do ze soen, wat ass do den Terrainspräis a wat ass de Konstruktionspräis, well Leit schoonn x Joren dra wunnen. Méi wollt ech domadder net soen. Ech hoffen, dass dat do elo méi prezis ass fir d'Madamm Tanson. A mir sinn och dann ëmmer der Meenung ..., mee jiddweree stëmmt jo dann, wéi e wëll hei a meng Fraktioun och. An ech bleiwe bei där Meenung, déi ech virdru gesot hunn.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Gutt. Elo ginn ech dem Auteur, wann en et wëllt, nach eng Kéier d'Wuert. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Och merci fir dese liewegen Debat. Bon, ech ginn elo net op déi Remark an iwwert d'Éducation financière. Dat Kompliment kann ee sech géigesäiteg eriwerginn. Wann ech op alle Fall eng Bonne note géif kréie vum Spriecher vun der ADR an deene Saachen, da géif ech mer e bësse Suerge maachen, ...

(Brouhaha)

... mee et iwwerrascht mech awer net, dass de Spriecher vun der ADR, dee gëschter d'Recht op e Verbrenner zum Mënscherecht erigéiert huet, haut d'Recht op Spekulationen och schéngt zu engem Mënscherecht ze erhiewen. Dat ass ...

(Interruption)

M. Claude Wiseler, Président | Wannechgelift.

M. Franz Fayot (LSAP) | Voilà, dat ass elo net extreem iwwerraschend.

Wat d'Transparenz ugeet: Ech mengen, et sinn Ouverturen haut gemaach ginn, an ech mengen och, dass een dat kann nach eng Kéier méi en profondeur an der Kommissioun diskutéieren. Ech wëll just dozou soen, dass mer net vun Null fortginn. Mir hu Rapporten an Etüden, déi et dozou scho gëtt. Notamment d'Autorité de la concurrence huet am Juli 2022 e ganz extensive Rapport gemaach, wou ee sech mam Secteur vun der Promotion immobilière ausenanergesat huet a wou een u sech dee ganze Mechanismus, och zum Deel vun der Präisformatioun, scho mat dekryptéiert huet, decortiquéiert huet, wou ee festgestallt huet, wat fir eng Margen do gefuer ginn.

Beim Existant, bon, do mengen ech, dass een duerchaus kann esou Präisser novollzéien. Et kann ee Saachen inflatiounsberengegen och iwwer laang Zäit. Ech mengen net, dass dat e Calcul économique impossible ass. Loin de là. Wann een de Wëllen huet, dat ze maachen, da kritt een dat hin. Mee dat kann ee gären, wéi gesot, creuséieren an der Kommissioun. Dofir sinn ech oppe fir déi Propositionen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Sou, fir ze kucken, wéi mer hei weiderkommen: Wann ech richtig verstanen hunn, huet den Här Fayot elo gesot, hie wär d'accord, hei zumindest d'Chamber ze froen, dës Motioun an d'Kommissioun ze renvoyéieren. Da wär dat a sech meng éischt Fro. Ech mengen, datt ech doriwwer elo hei par main levée kann ofstëmmen loosse. Wa jiddwereen domat d'accord ass, stëmme mer par main levée doriwwer of. Also d'Fro ass: Sidd Der d'accord, dës Motioun an d'Kommissioun ...

M. Claude Haagen (LSAP) | Ech froen e Vote électronique.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà. Dat ass dat, wat ech mer am Ufank geduecht hunn. Da maache mer e Vote électronique dodoriwwer. Wann een e Vote électronique freet, da gëtt de Vote électronique gemaach.

Ech bieden also d'Regie, mer hei e Vote électronique doriwwer opzemaachen. Also d'Fro ass net, ob Der mat der Motioun d'accord sidd oder net. D'Fro ass, ob d'Motioun an d'Kommissioun renvoyéiert gëtt.

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Voilà. Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 59 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm bei kenger Abstentiuon. Dës Motioun ass also mat 59 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm an d'Kommissioun verwisen.

(La motion 1 de M. Franz Fayot est renvoyée à la Commission des Finances.)

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par Mme Stéphanie Weydert), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par Mme Claire Delcourt), Liz Braz, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A voté non : M. Patrick Goldschmidt.

Domat wär dës Punkt dann ofgeschloss.

7. 8483 – Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Colombie pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 19 janvier 2024

An da kéime mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 8483, eng Konventioun tëschent Lëtzebuerg a Kolumbien iwwer d'Ofschafe vun der duebeler Besteuerung an der Preventioun vu Steuerhannenzéiung. Vu datt dës Riedemodell „avec rapport et sans débat“ ass, hoffen ech, datt et e wéineg méi schnell geet wéi bei deem Projet virdrun. D'Rapportrice huet 5 Minutten Zäit an d'Regierung, wa se wëll, 5 Minutten. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm, rapportrice (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech ka mech hei ganz, ganz kuerz faassen. Dës Gesetzesprojet geneemt d'Konventioun zwëschen Lëtzebuerg an der Republik Kolumbien, déi d'Duebelbesteuerung verhënnere soll am Beräich vun dem Akommes a vum Verméigen. Des Weidere soll mat dëser Konventioun Steiervermeidung oder Steuerfraude verhënnert ginn. Dës Konventioun respektiv de Protokoll doriwwer gouf den 19. Januar 2024 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen. Si respektéiert d'BEPS-Standarde vun der OCDE gradesou wéi d'Ufuerderungen um Niveau vum Informationsaustausch. D'Konventioun betrëfft och

d'Investmentfongen an domadder och d'Pensiouns-fongen, wéi de Minister eis an der Kommissioun matgedeelt huet.

Kolumbien ass u sech e Land mat engem grouse wirtschaftleche Potenzial, haaptsächlech am Beräich vun der Landwirtschaft an der Liewensmëttelindustrie, awer och duerch seng Rostoffer. Souwuel Lëtzebuerg wéi och Kolumbie wäerten an Zukunft vun dësem Duebelbesteuerungsofkommes profitéieren, fir hir wirtschaftlech Relatiounen weiderzeentwéckelen.

Här President, de Gesetzesprojet gouf de 24. Januar 2025 vun der Regierung deposéiert. An der Finanzkommissioun vum 25. Februar gouf e virgestallt an ech gouf zum Rapporteur ernannt. De Staatsrot huet säin Avis de 4. Februar 2025 verëffentlecht an ausser enger legistescher Remark huet hien näischt ze beanstanden. Mir kënnen also dës Gesetzesprojet ouni Problemer haut stëmmen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Madamm Adehm, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Ech froen d'Regierung, ob si wëll dozou d'Wuert huelen. Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech soe just der Rapportrice Merci an der ganzer Chamber Merci fir déi Zoustëmmung.

Ech wëll just zur Kloeerheet soen, dass mer de Moment aacht Duebelbesteuerungsofkommessen hu mat Länner aus Latäinamerika. Dat sinn Argentinien, Brasilien, Chile, Kolumbien, Mexiko, Panama, Uruguay an Trinidad an Tobago. Sechs sinn dovunner a Kraaft.

A wéi gesot, dat hei ass wichteg, och ekonomesch gesinn, well déi Lienen, déi mer als Finanzplaz mat Latäinamerika schafen, déi sollt een net ënnerschätzen, notament fir eis Investmentfongen an och fir eis Bourse. An duerfir merci fir déi breet Zoustëmmung.

An ech mengen, dës Projet ass méi séier gaange wéi dee virdrun. Ech hunn awer fonnt, Här President, dass déi Zäit, déi d'Chamber sech geholl huet mat där konstruktiver Diskussioun, schonn derwäert war, fir iwwert esou e wichtege Problem wéi den Haushalt a Wunnensbau hei zu Lëtzebuerg ze schwätzen.

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Minister. Domat wäere mer dann um Schluss vun der Diskussioun vun dësem Projet.

A mir géifen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8483 kommen, wou den Text am Document parlementaire 8483² steet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8483 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen, keng Abstentiuon. Dës Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmm géint 2 Nee-Stëmm bei kenger Abstentiuon ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par Mme Stéphanie Weydert), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, M. Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Georges Engel), Liz Braz, Francine Closener (par Mme Claire Delcourt), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

8. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet des conséquences du retrait des États-Unis du Pilier 2 du cadre international de taxation des grandes entreprises sur le Luxembourg

An da komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten, an zwar enger Aktualitéitsstonn iwwert d'Konsequenze vum Récktrëtt vun den USA vum zweete Pilier vum internationale Kader fir d'Besteuerung vu grouse Betriber, déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chambersreglement festgehalen: 10 Minutte fir den Auteur, 5 Minutte fir déi jeeeweileg Fraktiounen a Sensibilitäten a 15 Minutte fir d'Regierung. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Franz Fayot als Vertrieeder vun der LSAP-Fraktioun. Här Fayot.

Exposé

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen, léif Kollegen, Här Minister, bei deenen ...

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler, Président | Ee Moment, ...

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo.

M. Claude Wiseler, Président | ... ech géif vläicht ëm e wéineg méi Rou bieden, fir datt een Iech och ka richtig nolauscheren. Voilà. Merci. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Bei deene villen Executive Orders, déi de President Trump an deenen éischte Méint vu senger zweeter Amtszeit geholl huet, war een dobäi, deen de Pilier 2 betrëfft. En huet decidéiert, Amerika aus dem internationalen Accord iwwert d'Mindestbesteuerung vu multinationale Betriber zrëckzezéien. Donieft huet de President Trump direkt och mat ekonomesche Konsequenze fir Firmen aus deene Länner gedrot, déi Steiere bei amerikaneschen Entreprisë géifen asammelen.

Et ass gewosst, dass de President Trump op Tarifier setzt, méi wéi op Besteuerungen, an dass en en fait domat rechent, mat deenen Tariffer kënnen och gréisser Steiererlicherunge beim Mëttelstand awer och bei de méi räichen Amerikaner ze finanzéieren. An do sollen och haut am Laf vum Dag nach Annoncé